Lëtzebuerger Guiden a Scouten

# METHODEN



Biber

Wëllefcher

Avex

CaraPio
Lëtzebuerg

RaRo
Lëtzebuerg

Lëtzebuerger
Guiden a Scouten

LGS.LU

4 Educational Proposal
6 Iwwerbranchlech Method
18 Biber
30 Wëllefcher
46 Avex
64 CaraPio
90 RaRo

D'Methode vun de
Lëtzebuerger Guiden a Scouten

**Editioun:** V1 2022

**Editeur:** Lëtzebuerger Guiden a Scouten
5, rue Munchen-Tesch
L-2173 Luxembourg

**Kontakt:** info@lgs.lu / www.lgs.lu
**Fotoen:** Lëtzebuerger Guiden a Scouten
**Dréckerei:** Reka
**Oplo:** xxx Stéck

Gedréckt op 100% recycléiertem Pabeier

# METHODEN

Dës Method riicht sech un all Guiden a Scouten, ouni tëscht Ethnie, Relioun, Sprooch, Nationalitéit, sozialem Milieu, oder kierperlechen a geeschtege Fäegkeeten ze ënnerscheeden.

## Educational Proposal

**D'Educational Proposal ass de Grondstee vun der Method vun de Lëtzebuerger Guiden a Scouten a leet ons edukativ Ziler fest. Dësen Text gouf vum extraordinäre Verbandskongress, den 3. Mee 2015 zu Sandweiler ugeholl.**

## Wie mir sinn

D'Lëtzebuerger Guiden a Scouten sinn dee gréissten edukative Jugendmouvement zu Lëtzebuerg. Eis Missioun ass et, déi Jonk dorop virzebereeden, spéiderhi Responsabilitéit fir sech an anerer ze iwwerhuelen. An deem Sënn bidden eis motivéiert Fräiwëlleg de Jonken en oppene Kader, wou jiddereen aktiv matmaachen a matbestëmmen dierf.

## Fir mech, fir dech, fir eis, fir jiddereen

Zesummen a Gruppe kann all Eenzele flott Erfarunge maachen, Frëndschafte schléissen, sozial Fäegkeete léieren an sech perséinlech weider entwéckelen. Bei den LGS léieren déi Jonk d'Natur ze respektéieren, iwwer sech selwer an hiert Ëmfeld nozedenken, fir sech spéider aktiv, och fir anerer, anzesetzen.

## Adventure

De Schwéierpunkt vun den LGS läit am Beräich vun den Adventure- an Outdooraktivitéiten. Mir probéieren de Jonken eng Ofwiesslung zum Alldag ze bidden an hiren Entdeckergeescht unzereegen. Dofir maache mir esou vill wéi méiglech Gruppenaktivitéiten dobaussen.

## Kreativ, innovativ, ofwiesslungsräich

Duerch eis ofwiesslungsräich Aktivitéite gi mir de Jonken e Raum fir Saachen auszeprobéieren an ze erfuerschen. Nom Prinzip vum „Learning by Doing" kréien déi Jonk d'Méiglechkeet sech kreativ a selbstänneg un der Gestaltung vun hirem Programm ze bedeelegen.

## Challenge

Déi perséinlech Erausfuerderung an de Spaass stinn am Mëttelpunkt vun eisen Aktivitéiten. Doduerch erméiglechе mir et deem Eenzelen Neies bäizeléieren, seng Stäerkten auszebauen, an iwwer sech selwer eraus ze wuessen.

## Internationalitéit

Als Deel vun der Guiden- a Scoutsbeweegung, déi op der ganzer Welt vertrueden ass, bidden d'LGS d'Méiglechkeet Fréndschaften iwwer all Grenzen an Ënnerscheeder ewech ze schléissen. Doriwwer eraus engagéiere mir eis a verschiddene Länner mat de Jonken op der Plaz fir geziilt Projete fir ENG Welt ze realiséieren.



# IWWER-BRANCHLECH METHOD

## Virwuert

Als edukative Jugendmouvement ass et d'Zil vun de Lëtzebuerger Guiden a Scouten, hir Aktivitéiten no engem klore Schema ze plangen, duerchzeféieren an dono ze evaluéieren. Dësen Text beschreift déi allgemeng gülteg Method, un där all d'Branchen, d'Gruppen an de Verband sech orientéieren.

D'LGS-Method ass dobäi awer just de Basistext, op deem déi verschidde Branchen-Methoden opbauen. Dës beschreiwen am Detail, wéi déi pedagogesch Konzepter altersgerecht an de Versammlungen, op Weekender oder Campen ëmzesetze sinn.

Den Haaptgedanke vum RAP (Renewed Approach to Programme) war et, eng allgemeng LGS-Method iwwer d'Branchen-Methoden ze setzen, déi sech esouwuel inhaltlech wéi och formell wéi e roude Fuedem duerch all d'Methoden zitt, an esou Widderhuelungen a Kontradiktiounen evitéiert. Gläichzäiteg ass et wichteg, en Dokument ze hunn, wat och ausserhalb vun de Branchë vun all de Membere vum Verband benotzt ka ginn. Den Text ass dobäi bewosst ganz allgemeng gehale ginn, fir de Branchen deen néidege Spillraum ze loossen, hir bestoend Methoden an hir nei Iddie mat afléissen ze loossen. Hei soll och de Lien mat der Guiden- a Scouts-Method nom Baden-Powell (B.P.) gemaach ginn.

## Perséinleche Fortschrëtt

Als edukative Jugendmouvement steet bei eis de perséinleche Fortschrëtt am Mëttelpunkt vun allen Aktivitéiten. Jiddwereen, dee bei de Lëtzebuerger Guiden a Scoute matmécht, soll säi perséinleche Fortschrëtt bewosst kënnen erliewen. Dat bedeit, datt de Jonken d'Méiglechkeet kréie soll, fir esouwuel seng Stäerkten auszebauen, ewéi awer och seng Schwächten ze erkennen an dorun ze schaffen.

Deen Eenzele soll léieren, fir sech selwer responsabel ze sinn, säi perséinleche Wee ze fannen an anzeschloen, senge Matmënschen oppen ze begéinen a si ze respektéieren. D'Perséinlechkeet vum Eenzele gëtt vun deene fënnef follgende Beräicher gepräägt a soll bei den Aktivitéiten am Fokus stoen:

**De Kierper**
D'Aktivitéite bei den LGS ginn deene Jonke vill Geleeënheete fir physesch aktiv ze sinn. Dobäi léieren si hir kierperlech Fäegkeeten ze verbesseren an e Bewosstsinn fir hire Kierper a fir e gesonde Liewensstil ze entwéckelen.

**De Geescht**
Déi verschidde Challengë bei den LGS fuerderen déi Jonk eraus, kreativ an innovativ ze ginn an op nei Situatioune kënnen ze reagéieren. Dobäi wiisst hir Fäegkeet fir Informatiounen ze sammelen, ze verschaffen an ze hannerfroen. Si léieren doduerch sech hir eege Meenung ze bilden an déi och matzedeelen.

**D'Gefiller**
D'Aktivitéiten am Grupp erméiglechen et deenen Jonken, engersäits hir eege Gefiller wouerzehuelen an auszedrécken an anerersäits d'Gefiller vun deenen aneren ze erkennen an ze respektéieren.

**Dat Soziaalt**
Duerch d'Liewen a klenge Gruppe léieren déi Jonk, datt een zesumme méi erreeche ka ewéi eleng. Si entwéckelen Teamgeescht a bauen hir sozial Kompetenzen aus, fir mateneen ze plangen an eppes op d'Been ze stellen.

**Dat Spirituellt**
An engem oppene Jugendmouvement hunn déi Jonk d'Méiglechkeet, verschidde Glawensrichtungen a Meenunge kennenzeléieren an däsen oppen a mat Respekt ze begéinen. Dës Ausernanersetzung ënnerstëtzt si op der Sich no hirer perséinlecher, reliéiser oder philosophescher Weltusiicht.

De perséinleche Fortschrëtt, mat all sengen Elementer, geet iwwer de Guiden- a Scoutskader eraus a soll och eng Roll an der perséinlecher Liewensastellung spillen.

## Symbolesche Kader

All Branche huet en eegene symbolesche Kader, deen als Hannergrond fir d'Aktivitéiten unzegesinn ass. Duerch d'Benotze vu Symboler, Leitmotiver a Geschichten, gëtt d'Fantasie a d'Kreativitéit vun deene Jonken ugereegt an d'Aktivitéite kréien eng zousätzlech Bedeitung. Esou ee symbolesche Kader erlaabt et, deene Jonken d'Wäerter aus dem Guiden a Scoutsgesetz op eng flott an altersgerecht Aart a Weis bäizebréngen.

## Aktivitéiten

Ënner Aktivitéite versti mir bei de Guiden a Scouten déi verschidde Momenter, bei deene mir zesummekommen. Dozou gehéieren:

- reegelméisseg Versammlungen
- Sortien
- Weekender
- Campen
- Gruppenaktivitéiten
- „ëffentlech" gesellschaftlech Evenementer (déi mir selwer organiséieren oder un deene mir deelhuelen)

D'Lëtzebuerger Guiden a Scoute bidden am Laf vum Joer ënnerschiddlech an ofwiesslungsräich Aktivitéiten un. Dës Aktivitéite ginn zu engem groussen Deel dobausse gemaach a sollen deene Jonken eng Erausfuerderung bidden. D'Weekender an d'Campe spillen eng wichteg Roll, well virun allem hei déi Jonk ausserhalb vun den „normalen" Versammlungen d'Geleeënheet kréien, tëschemënschlech Interaktioune méi intensiv an engem net alldeeglече Kader ze erliewen.

## Ekippesystem

Ënnert dem Ekippesystem versti mir d'Zesummeliewen a -schaffe vun deene Jonken a klenge Gruppen. Dëst ass e wichtegt Element bei de Guiden a Scouten an zitt sech duerch all d'Branchen, woubäi all Jonke mat der Zäit ëmmer méi Responsabilitéit an der Ekipp iwwerhuele soll. Duerch spezifesch Aufgaben an der Ekipp encouragéiere mir déi Jonk scho vu fréi un, Responsabilitéit ze iwwerhuelen, fir duerno och am spéidere Liewe verantwortungsbewosst Entscheedungen treffen ze kënnen. D'Zil vum Ekippesystem ass et, deem Jonken d'Méiglechkeet ze ginn, sech aktiv un den Decisioune vun der Ekipp ze bedeelegen a seng Roll an der Ekipp ze fannen.

## Learning by doing

D'Method vum „Learning by doing" steet am Géigesaz zum formale Léieren an der Vermëttlung vu renger Theorie. Et ass eng praktesch Method, déi dee Jonke soll ermonteren Neies eegestänneg auszeprobéieren an esou nei Erfarunge ze sammelen. Doduerch gëtt him d'Angscht virum Neien an Onbekannte geholl an hie gesäit, datt een och Feeler maachen, an esou vill léiere kann.

## Participatioun

Zu der Participatioun bei de LGS gehéiere folgend Beräicher:

**Matschwätzen:**
Déi Jonk kënnen hir Iddien, Meenungen, Wënsch an Erwaardunge fräi ausdrécken.

**Matgestalten:**
Déi Jonk kënnen an deene verschiddenen Handlungs- an Entscheedungsprozesser aktiv matwierken.

**Matbestëmmen:**
Déi Jonk kënne mat hire Chef Entscheedungen treffen a dës zesummen ëmsetzen.

D'LGS leeë besonnesch vill Wäert op e pedagogescht Konzept, dat de Wonsch no Matbestëmmung bei deene Jonke fuerdert. Mir verlaange vun deene Jonken net nëmmen eng Iddi ze bréngen, mee si solle sech aktiv duerch Matgestaltung a Matbestëmmung abréngen.

Et sinn déi Jonk vun haut, déi d'Entscheedunge vu muer treffe mussen. Dofir wëlle mir si vu Klengem un op dësem Wee begleeden an hinne Mutt zur Selbstbestëmmung maachen. D'Participatioun ass och ëmmer en Zesummespill tëschent Eegen- a Sozialkompetenzen.

An hirer Entwécklung mussen déi Jonk sech bewosst ginn, wat hir Interessen a Fäegkeete sinn, déi si wëllen ausliewen. Zugläich musse si léieren, hir Interessen a Fäegkeeten zesummen am Grupp an engem konstruktiven a gläichberechtegten Dialog mat deenen aneren an och mam Chef mat anzebréngen.

Grondsätzlech ass et esou, datt de Grad u Participatioun vu kleng bis grouss zouhuele soll. Well d'Participatioun an alle Liewensberäicher eng wichteg Roll spillt, wëlle mir déi Jonk dozou bréngen, sech aktiv an der Gesellschaft ze bedeelegen.

An dësem Kontext ass et och wichteg, datt e Bilan vun den Aktivitéite gemaach gëtt, bei deenen déi Jonk esouwuel hir Erfarung kënne mat deenen aneren deelen, wéi och léieren, konstruktiv Kritik ze äusseren a Verbesserungsvirschléi ze maachen. Et geet also och dorëms, am Grupp eng konstruktiv Feedback-Kultur ze schafen.

## Verspriechen

Beim Versprieche geet et dorëms, sech Gedanken iwwer säin Engagement, esouwuel bei de Guiden a Scouten, ewéi och an anere Beräicher vum Liewen, ze maachen, mat der Iddi sech laangfristeg dorunner ze halen.

D'Verspriechen ass e Moment, deen déi Jonk ëmmer erëm nei erliewe sollen. Et zitt sech ewéi e roude Fuedem duerch all eis Branchen. Esouwuel inhaltlech, ewéi och vum Oflaf hier gëtt et dem Alter ugepasst. Et geet dorëms, Engagement ze weisen, andeem ee sech no de Grondsätz vun de Guiden a Scoute riicht. Dëst ass eng wichteg Etapp fir de perséinleche Fortschrëtt vun all Guide a Scout. De Jonke soll e Wee aschloen, dee sengen Idealer entsprécht, an deen en och am Aklang mam Guiden- a Scoutsgesetz weiderféiere kann.

D‘Versprieche mécht all Guide a Scout haaptsächlech fir sech selwer an ass zu all Moment eng fräiwëlleg a perséinlech Ugeleeënheet. All Guide a Scout soll sech bewosst ginn, wat de perséinleche Wäert vu sengem Verspriechen ass, woubäi de Jonke selwer decidéiert, ob hien et wëll ofleeën a wéini de richtegen Zäitpunkt dofir ass.

De Verspriechenstext vun de Lëtzebuerger Guiden a Scouten ass follgendermoossen:

**Ech versprieche**
Verantwortung vis-à-vis vu mir,
menge Matmënschen a menger Ëmwelt ze iwwerhuelen,
meng perséinlech Spiritualitéit weiderzëentwéckelen
an nom Guiden- a Scoutsgesetz ze liewen.

D‘Guiden- a Scoutsgesetz ass:

**Eng Guide / E Scout**
ass zouverlässeg
ass éierlech a fair
ass bereet ze hëllefen
ass gutt zu all Mënsch
mécht den éischte Schrëtt a setzt sech a fir Gerechtegkeet
respektéiert d‘Liewen an all senge Formen
kann nolauschteren a Kritik erdroen
huet eng positiv Liewesastellung
ka sech organiséieren a mécht näischt hallef
hält sech kierperlech a geeschteg gesond

## Rewarding system

De „Rewarding-System“ ass d‘Method fir de Jonken ze motivéieren, sech a spezifesche Beräicher weiderzëentwéckelen. Iwwer eis Method an eis villfälteg Aktivitéiten erliewen déi Jonk vill Verschiddenes. Dobäi entwéckele si sech weider, léieren Neies an eegne sech ëmmer erëm nei Fäegkeeten un. Dëst geschitt awer ganz oft onbewosst. De „Rewarding System“, agefouert vun eisem Grënner Baden-Powell, hëlt dat Geléiert aus dem Onbewossten a weist dem Jonken - an indirekt och sengem Chef a sengen Elteren -, wat si alles duerch d‘LGS bäigeléiert hunn. Parallel ass et och d‘Symbolik fir dem Jonke seng nei Fäegkeeten unzëerkennen. Dëst geschitt eventuell iwwer e visuelle Support, deen de Jonken auszeechent a seng Beméiungen um Wee fir dohi wäertschätzt. Hie gëtt encouragéiert, sech mat verschiddenen Themen auserneenzesetzen an doduerch säin Horizont ze erweideren an sech nei Fäegkeeten unzëeegnen.

Fir datt de Rewarding System seng Friichten dréit, ass et wichteg, datt de Jonken - sengem Alter ugepasst - kloergemaach kritt, wat d‘Fäegkeete sinn, déi hien iwwer d‘Zäit an der Branche wäert erreechen. E Bichelchen oder een digitale Support weisen dem Jonken, wat fir Badgen et ginn, a fir wat fir eng Entwécklungsberäicher a -méiglechkeeten déi eenzel Badgen stinn. Et ginn dobäi zesumme mam Chef realistesch Ziler virginn, déi fir dee Jonken eng Erausfuerderung an eng Motivatioun duerstellen. D‘Progressioun, déi den eenzele Jonke gemaach huet, soll unerkannt ginn. Dobäi ass d‘Weiderentwécklung par Rapport zum initiale Stand oft méi wichteg ewéi d‘Zil. Verschidde Progressioune kënnen och an der Ekipp amplaz vum Individuelle wäertgeschat ginn.

D‘Unerkennung fir dem Jonke seng Leeschtunge kann awer och iwwer d‘LGS erausgoen. Esou kënnen och dem Jonke seng Fäegkeeten, déi hien an aneren Hobbye geléiert, an déi hie bei de Guiden a Scouten ugewant huet, Unerkennung fannen.

## De Chef als Begleeder

D'Fonctionnement vun de Lëtzebuerger Guiden a Scoute baséiert op der fräiwëlleger Aarbecht vun de Chef, de Mataarbechter an de Memberen, déi d'Encadrement fir eis Branchen an all senge Forme garantéieren. Bei den Aktivitéite setzt de Chef de Kader an iwwerhëlt d'Roll vum Begleeder an Ënnerstëtzer. Hie soll deem Jonke bei sengem perséinleche Fortschrëtt zur Säit stoen an hie motivéieren, sech Ziler ze setzen an déi ze erreechen.

De Chef bereet de Jonke lues a lues drop vir, Verantwortung fir sech selwer ze iwwerhuelen a fir sech spéiderhin als aktive Bierger un der Gestaltung vun der Gesellschaft ze bedeelegen. De Chef geet zu all Moment mam gudde Beispill vir a motivéiert de Jonken, selwer Responsabilitéiten ze iwwerhuelen.

## Natur an Nohaltegkeet

Mat eiser Method léieren déi Jonk eis Natur schätzen an d'Zesummenhäng an der Ëmwelt ze verstoen. Dorënner versti mir d'Natur aktiv ze erliewen an eis konkret fir den Ëmweltschutz anzesetzen.

Reegelméisseg Aktivitéiten dobaussen am Beräich Ëmweltschutz an Nohaltegkeet vermëttelen de Jonken Denken an Handelen am Sënn vun den Ziler vun der nohalteger Entwécklung (Sustainable Development Goals vun de United Nations). Si erméiglechen de Jonken, nohalteg Entscheedunge fir d'Zukunft ze treffen. Dobäi léieren si, wéi dat perséinlecht Handelen sech iwwer déi eege Generatioun eraus lokal, regional a global auswierke kann.

## Spiritualitéit

D'Spiritualitéit an all senge Forme war fir de B.P. e wichtegt Element an ass dofir déif am Guidismus a Scoutismus verwuerzelt. Dëse Beräich geet vun der perséinlecher Reflexioun iwwer roueg Momenter bis hin zum Austausch vu verschiddene philosopheschen oder reliéisen Usiichten. D'Zil ass et, de Jonken dobäi ze ënnerstëtzen, seng perséinlech Usiichte fir sech ze definéieren.

De Jonke soll doduerch d'Méiglechkeet kréien, sech ze orientéieren a sengem Liewen e roude Fuedem ze ginn, fir datt hien engagéiert säi Wee goe kann.

D'Iddi vun de spirituellen Aktivitéiten ass déi, datt de Jonken zur Rou komme kann, a sech seng eege Gedanken zu engem bestëmmten Thema oder/an iwwer sech selwer mécht. Bei dësen Aktivitéite geet et dorëms, sech mat verschiddenen Inhalter ze befaassen, mat deenen de Jonken sech am Alldag net onbedéngt beschäftege géif. De Jonke soll uschléissend un dës Reflexioun och d'Méiglechkeet kréien, sech matzedeelen. Déi Jonk solle sech an enger Diskussioun verdéiwen, hir Usiichten deelen, aneren nolauschteren an deenen hir Astellung respektéiere kënnen.

De Grupp ka sech hei op eng ganz aner Aart a Weis kenneléieren, well bei de Guiden a Scoute soss éischter Aktioun an Aventuren am Virdergrond stinn. Spirituell Momenter si wichteg fir déi perséinlech Entwécklung vun all de Jonken. Dofir muss hinnen e Kader gebuede ginn, an deem si sech mat hirer aktueller Situatioun an hire Virstellunge vun hirer eegener Zukunft auserneesetzen kënnen.

## Internationalitéit an Diversitéit

Ënner Internationalitéit versti mir zu all Moment oppen an tolerant vis-à-vis vun anere Kulturen ze sinn an dës als eng Beräicherung fir eist perséinlecht Liewen an eis Gesellschaft unzegesinn. Duerch en internationalen Austausch vermëttele mir deene Jonke vu klengem un anere Kulture mat Respekt ze begéinen; mam Zil Virurteeler ofzebauen. Doduerch erweidere mir eisen Horizont an eis Astellung vis-à-vis vun anere Gewunnechten an Usiichten. Als Deel vun engem weltwäit aktive Jugendmouvement ass d'Schléisse vun internationale Frëndschaften e wichtegt Element vun eisem Verband.

## Asaz fir d'Allgemengheet

D'LGS, als edukative Jugendmouvement, setze sech och fir d'Allgemengheet an. D'Guiden an d'Scoute gi motivéiert, sech aktiv un der Gestaltung vun enger besserer Welt ze bedeelegen. Ganz nom B.P. sengem Motto: d'Welt e bësse besser ze verloossen, ewéi mir se virfonnt hunn.

D'Guiden a Scouten entwéckelen doduerch e Bewosstsinn fir hir Ëmwelt mat oppenen Aen ze betruechten, woubäi si léieren, dës besser anzeschätzen an ze respektéieren. D'Hëllefsbereetschaft vis-à-vis vun alle Matmënschen, genau esou wéi de Respekt géigeniwwer vun der Natur solle selbstverständlech a fräiwëlleg sinn.



Methode

# BIBER

Biber



**“Seid nicht zufrieden mit dem Was, sondern erforscht das Warum und das Wie.”**
Baden Powell

## Perséinleche Fortschrëtt

An de Biber maachen d‘Kanner ënnerschiddlech Erfarungen, déi a Relatioun mat hirem perséinleche Fortschrëtt stinn. Duerch déi verschidden Aktivitéite soll de Biber sech selwer besser kenneléieren an erkennen, datt jiddweree Stäerkten a Schwächten huet a motivéiert ginn, un a mat dësen ze schaffen.

De Biber soll erkennen, datt hie fir säi perséinleche Fortschrëtt responsabel ass. Duerch d‘Virliewe vun de Chef an duerch d‘Begéine vun aneren, léiert hien anere Matmënschen oppen ze begéinen an si ze respektéieren. D‘Perséinlechkeet vum Eenzele gëtt vun deene fënnef follgende Beräicher gepräägt a soll bei den Aktivitéiten am Fokus stoen:

**De Kierper**
De Biber probéiert op säi Kierper ze lauschteren. Dobäi kann hie matdeelen, wann hien Hëllef brauch. Donieft léiert de Biber säi Kierper a seng fënnef Sënner duerch Beweegung an op spilleresch Aart a Weis kennen.

**De Geescht**
De Biber dréckt seng Iddien op einfach Manéier aus an deelt seng Andréck am Austausch mat senge Kolleegen. Am Alldag probéiert de Biber nei Saache mat Begeeschterung aus an entscheet selwer, wat hie bei verschiddenen Aktivitéite maache wëll.

**D'Gefiller**
De Biber entdeckt verschidde Gefiller a léiert se auszedrécken. Duerch d'Spiller an d'Zesummeliewen an der Famill erkennt hien, datt säi Verhalen Afloss op d'Gefiller vun deenen anere kann hunn.

**Dat Soziaalt**
De Biber probéiert senge Kolleegen nozelauschteren, hinnen ze hëllefen an deelt seng Saache mat hinnen. An der Biberfamill schaffen d'Biber zesummen a jiddwereen iwwerhëlt kleng Aufgaben.

**Dat Spirituellt**
De Biber erkennt duerch d'Liewen a senger Biberfamill, datt d'Mënschen all verschidde sinn, a kann sech op roueg Momenter a senger Famill aloossen.

## Symbolesche Kader

Duerch de symbolesche Kader bei de Biber gëtt d'Fantasie an d'Kreativitéit vun de Kanner ugereegt an d'Aktivitéite kréien eng zousätzlech Bedeitung.

De „Biber a seng Frënn aus dem Bësch“ stellen de symbolesche Kader an der Biberbranche duer. Dëse Kader besteet aus enger Geschicht, de Symboler an de fënnef Beräicher, déi vun den Déiere verkierpert ginn.

D‘Geschicht vum „Biber a seng Frënn aus dem Bësch“ erlaabt et, de Kanner d‘Wäerter aus dem Guiden- a Scoutsgesetz op eng flott, spilleresch an altersgerecht Aart a Weis méi nozebréngen.

## Aktivitéiten

Am Laf vum Joer huelen d‘Biber un ënnerschiddlechen an ofwiesslungsräichen Aktivitéiten deel, déi haaptsächlech an der Natur stattfannen an de Kanner ëmmer nei Erausfuerderunge bidde sollen.

### Versammlung

Fir d‘Versammlungen treffen sech d‘Biber ëmmer op där selwechter Plaz. Wann sech d‘Versammlunge wärend e puer Wochen ëm dat selwecht Thema dréinen, gëtt vun engem „Aascht“ geschwat. Dëst bitt d‘Méiglechkeet, sech méi intensiv mat engem Thema auserneenzesetzen a kann als Ofschloss eng gréisser Aktivitéit aus dem Beräich vum „Aascht“ hunn. An de Versammlunge léiert de Biber sech an déi aner kennen a schafft op spilleresch Aart a Weis un den Ziler aus den eenzele Beräicher vum perséinleche Fortschrëtt.

### Sortie vun engem Dag

Eng Sortie ass eng gréisser Aktivitéit a fënnt idealerweis eemol am Trimester statt. D‘Sortie erlaabt dem Biber, iwwer de Kader an d‘Plaz vun enger normaler Versammlung eraus, Zäit mat senger Biberfamill ze verbréngen an e bestëmmt Thema méi am Detail ze erfuerschen.

### Weekend a Camp

Um Weekend an um Camp erlieft de Biber eng grouss Unzuel un Aktivitéiten (déi zum Thema vum Camp/WE passen). De Weekend fënnt idealerweis 2 bis 3 Mol am Joer statt. Dozou gehéiert och an der Biberfamill zesummen ze iwwernuechten. De Camp stellt fir de Biber den Héichpunkt vum Joer duer. Hei léiert hien, wéi d'Zesummeliewe mat anere funktionéiert, wat et heescht Chargen ze iwwerhuelen, selbstänneg ze sinn a wéi et ass, mol vun Doheem fort ze sinn.

### Aktivitéiten am Grupp

Och d'Biber huele schonn u verschidden Aktivitéiten an hirem Grupp deel (Montée, Scoutskiermes, asw.), wou si de Guidismus a Scoutismus ausserhalb vun hirer Branche erliewen. Zesumme mat deenen anere Branchë si si och bei Aktivitéite vun der Gemeng oder vum Quartier (Grouss Botz, asw.) dobäi.

### National Aktivitéiten

D'Biberfamillen treffe sech mindestens eemol am Joer op enger nationaler Aktivitéit, wou si de Guidismus a Scoutismus ausserhalb vun hirem Grupp erliewen. Hei erkennt de Biber, datt seng Biberfamill net eleng ass a gesäit, datt et vill aner Biber bei den LGS gëtt. Ausserdeem kann hien Aktivitéiten erliewen, déi lokal méi schwéier ze organiséiere sinn.

## Ekippesystem

Bei de Biber steet d'Biberfamill am Mëttelpunkt a féiert d'Kanner un d'Liewen am Grupp erun. Duerch d'Kommen an d'Verloosse vu Kanner an der Biberfamill ginn et ëmmer erëm nei kleng Gruppen, déi fir kierzer oder länger Aktivitéite gebilt ginn (z.B. Spill, Versammlung, Weekend, Camp). An dëse klenge Gruppe léiert de Biber zesummen un engem gemeinsamen Zil ze schaffen

a kleng Responsabilitéiten ze iwwerhuelen. De Biber iwwerhëlt dës Responsabilitéiten ni eleng, mee ëmmer am klenge Grupp.

## Learning by doing

Duerch aktiivt Ausprobéieren am spilleresche Kader a bei der Kniwwel mécht de Biber nei Erfarungen. Esou erweidert hie säi Wëssen, verbessert säin Ëmgang mat senge Matmënschen an der Natur a léiert vill fir säi Liewe bäi. Hien erkennt, datt een duerch Feeler bäiléiere kann. D'Biberfamill bitt dem Kand hei den optimale Kader, fir sech un Neies erunzewoen an Iddie kënnen auszeliewen. Duerch Selwermaachen, Erliewen an Ausprobéiere baut de Biber seng Fäegkeeten aus a reegt säi Virwëtz un.

## Participatioun

Eng bekannt Philosophie vum B.P. ass: Ask the Boy/Ask the Girl. Bei de Biber soll Wäert op e pedagogescht Konzept geluecht ginn, dat de Wonsch no Matbestëmmung an de Courage zur Selbstbestëmmung bei de Kanner fuerdert. D'Kanner solle léieren, op eegen Iddien ze kommen an déi ausdrécken ze kënnen. Zu der Participatioun bei de Biber gehéiere folgend Beräicher:

**Matschwätzen**
D'Kanner ginn ëmmer erëm dozou opgefuerdert aktiv matzeschwätzen, a léieren esou, hir Iddien, hir Meenungen, hir Wënsch an hir Erwaardungen auszedrécken. An dësem Kontext spillt de Bilan, deen no deenen eenzelen Aktivitéite gemaach soll ginn, eng wichteg Roll. Hei léiere si och deenen anere matzedeelen, wat hinnen net esou gutt gefall huet a maachen eventuell Verbesserungsvirschléi.

**Matgestalten**
D'Kanner kréien d'Méiglechkeet bei Handlungs- an Entscheedungsprozesser aktiv matzewierken. Si hunn d'Méiglechkeet, deem nozegoen, wat si am Moment am meeschten interesséiert; d'Saache selbststänneg ze entdecken an op eegen Iddien ze kommen.

**Matbestëmmen**
Mat der Hëllef vum Chef ginn d'Biber dozou opgefuerdert, Decisioune matzetreffen. D'Biber kréien d'Méiglechkeet, ze entdecken, wou hir Fäegkeeten an Interessien, déi si wëllen ausliewen, leien. Si kréien d'Méiglechkeet, duerch d'Begleedung vun hirem Chef, dës matanzebréngen a léiere gläichzäiteg, déi vun deenen aneren ze respektéieren.

## Verspriechen

Bei de Biber mécht jiddweree säi Verspriechen déi éischte Kéier. De Biber soll fir d'éischt awer emol Zäit kréien, fir seng éischt Erfarunge bei de Guiden a Scouten ze sammelen an alles ze entdecken. Hie soll mierken, datt et wichteg ass, mat Freed a Motivatioun bei de Biber matzemaachen, well dëst ee wichtegen Deel vum Verspriechen ausmécht, fir uschléissend säi Verspriechen als Ofschloss vum éischte Guide/Scoutsjoer maachen ze kënnen. Dëst ass ee gudden Zäitpunkt, fir dat festzeleeën, wat fir hie wichteg ass a wourun hien sech wëll orientéieren. Doduerch kann hien esou och a senger perséinlecher Entwécklung weiderkommen.

De Chef, deen dem Biber dobäi als Begleeder zur Säit steet, spillt bei dësem Schrëtt eng grouss Roll. Fir de Biber ass dëse Moment eppes ganz Neies. Dofir soll de Chef dem Biber dëse Schrëtt op eng altersgerecht Aart a Weis erklären, an zesumme mam Biber kucken, ob dëse scho bereet ass, e Verspriechen ze maachen. Hie soll ausserdeem fir eng altersgerecht Virbereedung an een ugepasste feierleche Kader suergen. Et soll zesumme gekuckt ginn, datt dëse Moment zu engem besonneschen Zäitpunkt

stattfënnt an op all eenzel Biber ofgestëmmt ass. De Chef soll dann och dem Biber dobäi hëllefen, d'Inhalter vu sengem Verspriechen an Zukunft aktiv anzehalen.

Eng Orientatioun fir d'Chef ass dat offiziellt Guiden- a Scoutsverspriechen nom Baden-Powell. Dat ass ëmmer baséierend op den dräi „Duties" - esou wéi och d'Versprieche vum Verband vun de Lëtzebuerger Guiden a Scouten:

**Ech verspriече**
Verantwortung vis-à-vis vu mir,
menge Matmënschen a menger Ëmwelt ze iwwerhuelen,
meng perséinlech Spiritualitéit weiderzëentwéckelen
an nom Guiden- a Scoutsgesetz ze liewen.

D'Guiden- a Scoutsgesetz ass:

**Eng Guide / E Scout**
ass zouverlässeg
ass éierlech a fair
ass bereet ze hëllefen
ass gutt zu all Mënsch
mécht den éischte Schrëtt a setzt sech a fir Gerechtegkeet
respektéiert d'Liewen an all senge Formen
kann nolauschteren a Kritik erdroen
huet eng positiv Liewesastellung
ka sech organiséieren a mécht näischt hallef
hält sech kierperlech a geeschteg gesond

## Rewarding system

D‘Biber sinn déi éischt Branche bei den LGS. Doduerch ass am Ufank alles nei fir de Biber. Iwwer déi vill verschidden Aktivitéiten an déi gemeinsam Zäit mat sengen neie Frënn a Chef, lieft hien sech lues a lues an de Guidismus a Scoutismus eran. Heibäi ass et wichteg, datt all neie Biber wärend senger Wëllkomm-Phas mat deenen anere Biber, senge Chef, awer och der Geschicht ronderëm de „Biber a seng Frënn aus dem Bësch“ vertraut gemaach gëtt. Iwwer d‘Symbolik hannert den eenzelen Déieren, déi all fir aner Fäegkeetsberäicher, Wäerter an Erausfuerderunge stinn, gëtt de Biber sech altersgerecht a spilleresch bewosst, datt hie bei de Biber vill Neies bäiléiere kann an datt gemeinsam Wäerter bei de Biber gelieft ginn.

All Déier aus der Bibergeschicht steet fir een anere Beräich vum perséinleche Fortschrëtt vun der Bibermethod. Heibäi ass et wichteg, datt de Chef dem Biber, iwwer d‘Symbolik vun den Déieren, op eng flott a spilleresch Aart a Weis, dat onbewosst Bäiléieren erkennbar mécht. Wann de Biber nei Fäegkeeten aus dem Beräich vun engem Déier duerch d‘Aktivitéite léiert, huet hien d‘Wäerter vum Déier gelieft an déi passend Erausfuerderungen ugeholl. Duerno kritt hien iwwer eng Auszeechnung, deen zum Déier passt, seng Progressioun an deem Beräich unerkannt a wäertgeschat. Doduerch gëtt hien op en Neits motivéiert, sech weiderzëentwéckelen.

Déi eenzel Biber sinn oft an hirer perséinlecher Entwécklung op verschiddenen Niveauen ënnerwee. Dofir ass et wichteg, datt d‘Progressioun, déi den eenzele Biber meeschtert, vum Chef aus dem Eenzele senger Situatioun eraus evaluéiert gëtt. Esou gëtt sécher gestallt, datt fir jiddwer Biber d‘Rolle bei den Aktivitéiten, an d‘Erausfuerderungen déi gestallt ginn, esou ugepasst sinn, datt all Kand a sengem Tempo gefërdert gëtt, ouni sech ze langweilen an awer och ouni d‘Motivatioun ze verléieren, well et d‘Gefill huet, méi lues ze sinn. Am Ufank wielen d‘Biber sech gemeinsam een Déier eraus, dat se besser kenneléiere wëllen a mat deem se Aktivitéiten duerchféiere wëllen. Iwwer e längeren

Zäitraum (z.B. 1 Trimester) gëtt sech da mat dem entspriechende Beräich aus dem perséinleche Fortschrëtt befaasst. Awer och all déi aner Beräicher solle mat an d'Haaptzil agebaut ginn. Zum Schluss kréien d'Biber als Unerkennung hir Auszeechnung am Kader vun enger gréisserer Aktivitéit (z.B. e Weekend) bewosst an am Krees vum ganze Grupp iwwerreecht. Nieft den Auszeechnungen, mat deenen de Biber och mat Houfert, den Elteren a Biberfrënn, seng Progressioun weise kann, si bei de Biber de Luef an d'Encouragement vun de Chef an anere Biber weider wichteg Elementer.

Um Enn vu senger Biberzäit, ier hien an d'Wëllefcher geet, gëtt bei enger Feier dem Biber seng Zäit an der Branche Revue passéiere gelooss. Iwwer d'Auszeechnungen, déi hie sech verdéngt huet, erkennt hien, wéi vill Neies hie bäigeléiert huet an datt hien elo prett ass, fir déi nächst Etapp bei den LGS.

## De Chef als Begleeder

Bei de Biber hëlt de Chef eng wichteg Roll an. Dobäi soll de Chef awer net hierarchesch iwwer de Kanner stoen, mee eng Roll als Begleeder an Ënnerstëtzer iwwerhuelen. Hie bitt dem Biber de néidege Kader, fir sengen Interessie kënnen nozegoen, a sech a seng Ëmwelt ze entdecken. De Chef soll dem Biber bei sengem perséinleche Fortschrëtt zur Säit stoen. Zousätzlech soll hien de Biber motivéieren, sech Ziler ze setzen an déi och ze erreechen. A klenge Schrëtt léiert de Biber vum Chef Verantwortung fir sech, déi aner an d'Natur ze iwwerhuelen, andeems de Chef mam gudde Beispill virgeet a Situatioune schaaft, wou de Biber dëst léieren a beweise kann. Fir dës Situatiounen ze schafen, ass et dem Chef seng Roll, d'Aktivitéiten am Virfeld ze plangen a virzebereeden. Fir dëst si reegelméisseg Treffen an der Chefekipp virzegesinn.

## Natur an Nohaltegkeet

Egal ob am Park, op enger Wiss oder am Bësch; d'Biber sollen duerch déi verschidden Aktivitéiten d'Natur erliewen, se kenneléieren an d'Méiglechkeet hunn, d'Natur am fräie Spill bei all Wieder a mat all hire Sënner ze entdecken. Op dës Aart a Weis kënnen d'Biber léieren, d'Schéinheet vun der Natur ze genéissen. Dëst soll hinnen hëllefen, e konkrete Bezuch zu der Natur opzebauen an deemno och d'Wichtegkeet vum Schutz vun eiser Ëmwelt ze erkennen, fir sech spéider méi selbstverständlech fir d'Erhale vun der Natur anzesetzen. Heibäi ass et dem Chef seng Aufgab de Biber en nohaltege Liewensstil virzeliewen a bei den Aktivitéiten op den Naturschutz an d'Nohaltegkeet spilleresch hinzeweisen.

## Spiritualitéit

De Biber erlieft d'Spiritualitéit virun allem duerch déi roueg Momenter a sengem Grupp. Hie soll esou d'Erfarung maachen, sech op dës kënnen anzeloossen. Hie soll als éischt emol d'Méiglechkeet kréien, seng eege Gefiller ze entdecken. Duerch déi verschidden Aktivitéiten (Spiller, Dramreesen, Geschichten, Gespréicher, asw.) léiert de Biber dann dës ze reflektéieren a matzedeelen, an dobäi seng Meenung ze äusseren. An dësem Alter soll de Biber virun allem léieren, datt all Mënsch aneschters ass a jiddwereen eng aner Meenung kann hunn. Hie soll erkennen, datt dat eegent Handele positiv a negativ Auswierkungen op seng Matmënsche kann hunn.

## Internationalitéit an Diversitéit

De Biber erlieft d'Internationalitéit, a virun allem d'Diversitéit, andeems hie sech mat deene verschiddene Kulturen an Nationalitéiten aus sengem Grupp an a senger Communautéit ausernee setzt an dës aktiv erlieft. Esou léiert hien, datt mir all verschidde sinn. D'Zil ass et, datt de Biber dës Ënnerscheeder am Grupp erkennt, se respektéiert, esou datt hie sech zu engem oppene Mënsch entwéckelt a léiert am Sënn vum Guiden- a Scoutsgesetz ze handelen.

## Asaz fir d'Allgemengheet

D'Biber gi vun hirem Chef motivéiert, sech aktiv un enger besserer Welt ze bedeelegen. Vun der klenger B.A. am Alldag bis zu gréisseren Aktivitéiten op lokalem an nationalem Plang, kënnen och schonn d'Biber eppes Guddes fir d'Allgemengheet leeschten.

D'Biber solle léieren, sech bewosst fir hir Ëmwelt anzesetzen an dës ze respektéieren. D'Hëllefsbereetschaft vis-à-vis vun eise Matmënschen an d'Deele solle selbstverständlech a fräiwëlleg ginn, andeems si et vun hirem Chef virgelieft kréien.



Methode

# WËLLEFCHER

# WËLLEFCHER



**“Versucht, die Welt ein bisschen besser zurückzulassen als Ihr sie vorgefunden habt.”**

Baden Powell

## Perséinleche Fortschrëtt

Fir datt de perséinleche Fortschrëtt bei de Wëllefcher am Mëttelpunkt vun der Method stoe kann, ginn et dräi wichteg Etappen:

1. De Wëllefche kënnt a sengem Ruddel an a sengem Revéier un a léiert sech hei selwer kennen an eens ze ginn. (Ech)

2. De Wëllefchen trëtt mat deenen anere Kanner am Ruddel/ am Revéier an Interaktioun. (Du)

3. De Wëllefchen iwwerhëlt Verantwortung am Ruddel an a sengem Revéier. (Mir)

Déi eenzel Etappen, esou wéi och den Iwwergang vun enger Etapp zur nächster, soll de Wëllefche bewosst kënnen erliewen.

Déi follgend fënnef Beräicher stinn an den Aktivitéiten am Mëttelpunkt. Fir all Beräich ginn et Erausfuerderungen, deenen de Wëllefchen sech wärend senger Zäit am Ruddel stelle kann.

Innerhalb vun deene fënnef Beräicher kann all Ruddel sech selwer Ziler setzen an Aktivitéiten dozou maachen.

**De Kierper**

De Wëllefche léiert op säi Kierper opzepassen. Hie probéiert duerzehalen, och wann et emol méi schwéier ass. De Wëllefche probéiert geschéckerlech ze sinn a léiert, datt souwuel hie wéi och déi aner ënnerschiddlech Stäerkten hunn.

**De Geescht**

De Wëllefchen huet Freed dorun, Neies ze entdecken a Saache bäizeléieren. E léiert aus deem, wat en am Ruddel erlieft. Dem Wëllefchen seng Kreativitéit gëtt gestäerkt, esouwuel fir seng Iddien op verschidden Aart a Weisen auszedrécken, ewéi och fir op nei Situatiounen ze reagéieren. De Wëllefche kann decidéiere wat hie bei verschiddenen Aktivitéite matmaache wëll a léiert seng Entscheedungen ze erklären.

**D'Gefiller**

De Wëllefche léiert sech senge Gefiller bewosst ze ginn an se auszedrécken. De Wëllefche léiert iwwer seng Gefiller ze schwätzen an domadder ëmzegoen. Hie probéiert, säi Verhalen esou unzepassen, datt hien d'Gefiller vun deenen aneren net verletzt.

**Dat Soziaalt**

De Wëllefchen ass oppe vis-à-vis vu senge Matmënschen a probéiert jiddweree fair ze behandelen. Hie léiert, datt een am Grupp méi erreeche ka wéi eleng. Wann hie sech enger Charge unhëlt, probéiert hien, se selbststänneg fäerdeg ze maachen. De Wëllefche mécht sech bewosst, datt et Mënsche gëtt, deenen et net esou gutt geet.

**Dat Spirituellt**
De Wëllefchen huet d'Méiglechkeet, zur Rou ze kommen an iwwer dat nozedenken, wat hien erlieft huet. De Wëllefche léiert verschidden Usiichte kennen an oppen dermat ëmzegoen. Hie léiert sech op Neies anzeloossen. De Wëllefche probéiert, seng Ëmwelt a säin Ëmfeld bewosst mat all senge Sënner wouerzehuelen an och emol méi an d'Déift vun de Saachen ze goen. Hie léiert oppen ze sinn, och fir dat, wat hien net verstoe kann.

## Symbolesche Kader

De symbolesche Kader ass e wichtege Bestanddeel vum Guidismus a Scoutismus, well en de Kanner e roude Fuedem an eng Orientéierung bitt, fir sech mat der Branche kënnen ze identifizéieren.

Bei de Wëllefcher baséiere mir eis beim symbolesche Kader op d'Dschungelbuch vum Rudyard Kipling. Hei läit eise Fokus virun allem op dem Wëllefchen a sengem Liewen am Ruddel.

An dëser Geschicht fanne mir vill verschidde Symboler erëm, déi fir de Wëllefche wichteg sinn:

- Den Dschungel steet fir d'Natur, d'Ëmwelt an d'Nohaltegkeet, awer och fir d'Abenteuer, d'Entdeckungen an d'Erausfuerderungen.
- De Ruddel steet fir d'Zesummeliewen am Grupp an d'Participatioun vu jiddwerengem. De Wëllefchen erlieft wéi de Ruddel am klenge funktionéiert. Dës Geschicht weist och Parallellen zu der Gesellschaft an där mir liewen, esou datt de Wëllefche scho lues a lues op säi Liewen a genau dëser virbereet gëtt.
- Esou wéi d'Wëllefcher aus der Geschicht, léieren och eis Wëllefcher duerch d'Selwer ausprobéieren an duerch d'Spillen. Si maachen doduerch hir perséinlech Fortschrëtter.

- ➜ D'Gesetz vum Dschungel steet fir e „gudden" Ëmgang mateneen a fir d'Wäerter vun de Guiden a Scouten.
- ➜ Déi verschidden Déiere sti fir déi grouss Diversitéit. D'Ritualer am Dschungel spigele sech an eise Fester, ewéi ënnert anerem dem Verspriechen, erëm.

Schlussendlech gëtt d'Geschicht och en Ustouss fir ofwiess-lungsräich Aktivitéiten iwwer e längeren Zäitraum ze organiséieren.

## Aktivitéiten

D'Aktivitéite sinn ofwiesslungsräich, altersgerecht, eraus-fuerderend an oppe fir de Kanner hir Iddien. Bei de Wëllefcher sinn d'Aktivitéiten dobaussen. D'Aktivitéite respektéieren ëmmer d'Kand a seng Entwécklung. Si sinn un hir Interessien ugepasst, maachen awer och Weeër op fir Neies ze entdecken. D'Aktivitéite bei de Wëllefcher gi vun enger Geschicht oder engem Thema encadréiert.

Déi verschidden Aktivitéite bei de Wëllefcher sinn:

**Versammlung**

Dëst ass d'Kär-Aktivitéit fir d'Wëllefcher. Hei kënne si Woch fir Woch op spilleresch Aart a Weis Neies entdecken an och Bekanntes verdéiwen. Eng typesch Wëllefchersversammlung huet verschidde Momenter, déi, wéi e Ritual, ëmmer erëmkommen. Si huet awer och Momenter, wou d'Kanner enger individueller Beschäftegung nokomme kënnen oder Momenter, wou eppes Gemeinsames gemaach gëtt. Si bitt och de Kader fir de Wëllefchen reegelméisseg un déi gängeg Scoutstechniken erunzeféieren an dës ze verdéiwen.

## Trail

Aktivitéite respektiv Versammlungen, déi de Ruddel iwwer e längeren Zäitraum gemeinsam zu engem Thema oder enger Geschicht mateneen erliewen, sollen am Wëllefchersjoer reegelméisseg virkommen. Hei ass der Kreativitéit keng Grenz gesat. Am Ruddel an an de Revéier ginn zesummenhänkend Aktivitéiten a Sortien organiséiert. Iwwer de Rotsfiels kënnen d'Iddie fir een Trail vun de Wëllefcher an de Ruddel matafléissen.

## Sortie vun engem Dag

Hei verléisst de Ruddel den Terrain, op deem hien normalerweis seng Versammlungen huet an erlieft eng nei Ëmgéigend mat hirer Natur, Kultur a Gesellschaft. D'Sortie erlaabt et, eppes Aussergewéinleches ze erliewen an een Thema ze verdéiwen.

## Weekend

D'Wëllefcher iwwernuechten zesummen. Ronderëm d'Thema vum Weekend erliewen si e gemeinschaftlecht Zesummeliewen, dat sech zäitlech iwwer zwee bis dräi Deeg zitt an zu deem och Chargë gehéieren. Hei kënnen och Aktivitéiten ugebuede ginn, déi an enger Versammlung net méiglech sinn. An engems kënnen d'Wëllefcher nei Plazen entdecken.

## Camp

De Camp ass den „Héichpunkt" vum Joer. Genau wéi um Weekend erliewen d'Wëllefcher um Camp ee gemeinschaftlecht Zesummeliewen. Dëst ass um Camp allerdéngs méi intensiv a leeft iwwer méi Deeg a Nuechten. D'Campliewe gëtt de Wëllefcher d'Méiglechkeet, Responsabilitéiten ze iwwerhuelen, esou datt de Camp zesumme gelénge kann. De Camp, deen ënnert engem gewëssen Thema steet, ass mat ville verschiddenen Aktivitéite gefëllt.

### Aktivitéiten am Grupp

D'Wëllefcher huelen och un Aktivitéite vun hirem Grupp deel an un Evenementer, déi an hirem Duerf oder Quartier stattfannen. Esou gesäit de Wëllefchen, datt hien en Deel vun engem Grupp an enger lokaler Gemeinschaft ass.

### National Aktivitéiten

Zesumme mat hirem Ruddel huelen d'Wëllefcher un nationale Guiden- a Scoutsaktivitéiten deel. Hei erliewen si, datt si een Deel vun engem grousse Mouvement sinn an datt et Wëllefcher an allen Deeler vu Lëtzebuerg gëtt. Dës national Aktivitéiten erlaben et dem Ruddel, an engem gréisseren - an deels ongewéinlechen - Kader Aktivitéiten ze erliewen.

## Ekippesystem

An Ekippe schaffen ass e Kärstéck vum Baden-Powell senger Method. Dëst erlaabt dem Wëllefchen am Ruddel Halt ze fannen. Als Individuum fënnt de Wëllefchen seng Roll, entwéckelt sech weider a léiert matzebestëmmen. D'Liewen an de klenge Gruppe mécht et dem Chef méi einfach, d'Aktivitéite besser ze encadréieren an ze organiséieren.

D'Wëllefcher bilden zesummen e Ruddel. E Ruddel ass an e puer verschidde Revéieren opgedeelt. An engem Revéier si maximal aacht Wëllefcher dran. Si kënnen hirem Revéier en Numm ginn. De Wollef an den Dschungel bitt do Inspiratioun. All Revéier soll ee vun de Chef als hiren Haaptuspriechpartner hunn.

D'Revéiere ginn am Prinzip fir e Joer festgeluecht. Fir méi speziell oder méi grouss Aktivitéiten (Weekend, Camp, Sortie, Rallye, asw.) kënnen awer och - jee no Besoin - nei Revéiere gegrënnt ginn.

Als Guiden a Scoute wëlle mir eis Membere lues awer sécher zu aktive Bierger forméieren. Wéi am Kapitel vum perséinleche Fortschrëtt beschriwwe gëtt, ginn et dräi wichteg Etappe bei de Wëllefcher. Wärend senger Zäit am Ruddel iwwerhëlt de Wëllefchen no an no eng aner Roll a sengem Revéier.

Fir d'éischt kritt de Wëllefchen Zäit fir unzekommen, sech selwer kennenzeléieren a sech anzeliewen. Den neie Wëllefche léiert vun deenen, déi scho méi laang derbäi sinn a probéiert, selwer esou gutt wéi méiglech matzemaachen.

D'Schaffen am klenge Grupp erlaabt et dem Wëllefchen, no an no méi einfach an Interaktioun mat deenen aneren ze trieden. Virun allem a sengem leschte Joer bei de Wëllefcher iwwerhëlt hie Verantwortung am Ruddel an a sengem Revéier.

D'Wëllefcher am leschte Joer sinn zousätzlech en Deel vum Rotsfiels. Si komme reegelméisseg mat de Chef zesummen a bréngen zum Beispill Iddien a Feedback aus hire Revéiere mat. Esou ënnerstëtzen si d'Chef zum Beispill bei Spiller a Versammlungen, passen op, wéi et deenen aneren an hirem Revéier geet an droen zu der Reussite vu verschiddenen Aktivitéiten am Laf vum Joer bäi.

## Learning by doing

„Learning by doing“ ass am Wëllefchersalter éischter „Learning by playing“. D‘Aktivitéite sollen esou geplangt ginn, datt de Wëllefchen den néidege Fräiraum huet, fir op spilleresch Aart a Weis eegen Erfarunge kënnen ze maachen. Et geet dorëms, datt hien ëmmer erëm Neies erlieft a sech esou duerch d‘Spillen onbewosst weiderentwéckele kann. Feeler maachen a Schlussfolgerungen doraus zéien, gehéiert zum Léierprozess vum Wëllefchen dozou. Fir datt dëse Léierprozess et dem Wëllefchen erlaabt, sech weiderzëentwéckelen, ass et wichteg, hien ze encouragéieren, ze ënnerstëtzen an eescht ze huelen, grad och dann, wann en u seng Limitte stéisst. Beim „Learning by playing“/“Learning by doing“ ass d‘Resultat net dat Wichtegst, mee all déi kleng Schrëtter, déi zum Resultat gefouert hunn.

## Participatioun

Bei de Wëllefcher ass et wichteg, fräi nom B.P. sengem Prinzip vum Ask the Boy/Ask the Girl ze liewen, esou datt jiddweree sech abréngen an eppes matbeweege kann. Fir datt d‘Kanner eppes beweege kënnen, muss een oppe fir hir Iddien sinn an hinnen nolauschteren. D‘Participatioun bei de Wëllefcher heescht, datt de Wëllefche matschwätzen a matwierke kann. Et geet dobäi net drëms, fir d‘Verantwortung als Chef ofzeginn, mee fir dem Wëllefchen seng Iddien eescht ze huelen an dës an d‘Aktivitéite mat afléissen ze loossen.

**Matschwätzen**
D‘Kanner kënnen äusseren, wat hinne gefält a wat hinne manner gutt gefält. Si kréien d‘Méiglechkeet am Bilan hir Meenung auszedrécken. Heibäi spillt de Rotsfiels eng wichteg Roll, well d‘Meenungen aus dem Revéier esou matabruecht ginn an d‘Chef wichteg Informatiounen an Iddie vun de Jonke matkréien, déi si dono an hiren Aktivitéiten ëmsetze kënnen.

**Matgestalten**
Duerch spontaant a kreatiivt Abrénge wärend den Aktivitéiten am Ruddel (z.B. Ëmännerunge vu Reegele bei Spiller, Dekoratioune vun enger Veillée, Sketcher, asw.) léiert de Wëllefchen zum Gelénge vun der Aktivitéit bäizedroen.

**Matbestëmmen**
Duerch den Austausch am Grupp gëtt de Wëllefchen encouragéiert, seng Virléiften auszedrécken an esou aktiv un Decisiounen am Grupp deelzehuelen. Matbestëmme geet bei de Wëllefcher beim Eraussiche vun engem Choix vun Aktivitéiten un an hält bei deene Wëllefcher am leschte Joer beim Matplangen an Duerchzéie vun Aktivitéiten op.

## Verspriechen

D'Verspriechen ass eng wichteg Etapp am perséinleche Fortschrëtt vun all Guide a Scout an domat och vum Wëllefchen. Nodeems de Wëllefchen éischt Erfarunge gesammelt a seng Plaz am Ruddel fonnt huet, kann hie säi Versprieche maachen.

Am Verspriechen an an der Virbereedung dorop ginn d'Wäerter, déi dem Wëllefche vermëttelt ginn, konkret ugeschwat an dem Wëllefchen op eng altersgerecht Aart a Weis bewosst gemaach. D'Wëllefcher sollen déi Wäerter verstoen an doriwwer nodenken, well nëmmen esou verstinn si och de Sënn an Zweck vum Verspriechen.

De Chef ass bei dësem Prozess besonnesch wichteg, well d'Versprieche gutt virbereet soll sinn. De Chef kuckt, datt d'Fest vum Versprieche perséinlech ass. All Kand kann d'Erfarung maachen am Mëttelpunkt ze stoen an de Grupp soll op all Kand agoen. D'Fest soll och memorabel sinn. D'Feier ass eppes Aussergewéinleches a Flottes a soll dem Wëllefchen an Erënnerung bleiwen. Dofir soll op engem Camp, engem Weekend oder an enger besonnescher Versammlung richteg gefeiert ginn.

De Kader an de Programm si wichteg fir eng Ambiance ze schafen an dozou gehéiert e flotten Dekor, eng aussergewéinlech schéi Plaz oder e besonnesche Moment vum Dag.

Eng Orientatioun fir d'Chef ass dat offiziellt Guiden- a Scoutsverspriechen nom Baden-Powell. Dat ass ëmmer baséierend op den dräi „Duties" - esou wéi och d'Verspriechе vum Verband vun de Lëtzebuerger Guiden a Scouten:

**Ech verspriechе**
Verantwortung vis-à-vis vu mir,
menge Matmënschen a menger Ëmwelt ze iwwerhuelen,
meng perséinlech Spiritualitéit weiderzëentwéckelen
an nom Guiden- a Scoutsgesetz ze liewen.

D'Guiden- a Scoutsgesetz ass:

**Eng Guide / E Scout**
ass zouverlässeg
ass éierlech a fair
ass bereet ze hëllefen
ass gutt zu all Mënsch
mécht den éischte Schrëtt a setzt sech a fir Gerechtegkeet
respektéiert d'Liewen an all senge Formen
kann nolauschteren a Kritik erdroen
huet eng positiv Liewesastellung
ka sech organiséieren a mécht näischt hallef
hält sech kierperlech a geeschteg gesond

## Rewarding system

All neie Wëllefchen, ob en aus de Biber oder vu baussen erakënnt, soll an enger éischter Phas déi aner Wëllefcher, seng Chef an och de symbolesche Kader ronderëm de Wollef kenneléieren.

D'Symbolik vum Wollef als Ruddeldéier weist dem Wëllefchen, datt hien eng grouss Unzuel vu verschiddenen Aktivitéite wäert erliewen.

Esou entwéckelt de Wëllefchen sech iwwer déi dräi Joer an de verschiddene Beräicher vum perséinleche Fortschrëtt weider: de Kierper, de Geescht, d'Gefiller, dat Soziaalt an dat Spirituellt.

Et geet manner drëms, säi Kënnen ënner Beweis ze stellen, mee dorëms nei Erfarungen ze sammelen, sech individuell weiderzëentwéckelen oder am Grupp nei Challengen unzehuelen. De Wëllefche schafft deemno un deene verschiddene Beräicher. Dës ginn duerch déi verschidde Faarwe vum Wëllefchersbadge representéiert, deen d'Haaptelement vum Rewarding-System fir de Wëllefchen duerstellt.

Heibäi ginn d'Beméiunge vum Wëllefchen individuell am Revéier an och am Ruddel unerkannt. Dëst, well hien sech an engem Beräich besonnesch weiderentwéckelt an nei Fäegkeete bäigeléiert huet. Well all Eenzelen de Grupp mat sengem Wëssen a senge Fäegkeete beräichert, entwéckelt sech de Wëllefche selwer weider, an dréit gläichzäiteg zur Entwécklung vun deenen Anere bäi.

Bei de Wëllefcher läit de Fokus vum Rewarding System dofir op dem Ruddel an de Revéieren. Et soll een dem Wëllefchen awer och d'Méiglechkeet ginn, sech perséinlech Ziler ze setzen, déi dem Alter an dem Interessi vum Kand ugepasst sinn. D'Eegeninitiative vum Wëllefchen, sech an engem Beräich weiderzëentwéckelen, solle vun de Chef an dem Ruddel ënnerstëtzt ginn.

## De Chef als Begleeder

Duerch den Ëmgang mat de Kanner bleift de Chef net stoen, mee entwéckelt sech ëmmer weider. Dëst geet deementspriechend och iwwer déi eesäiteg Roll vum Animateur eraus.

Bei de Wëllefcher ass de Chef e Leedwollef, deen ewéi Wollefselteren, d'Kanner wuessen a léiere léisst. Hie leeft net virdru fir de Wee unzeginn, mee hie geet hannendrun, fir ze kucken, ob jiddweree matkënnt. Hie suergt dofir, datt all Kand sech wuelfillt a sech no senge Méiglechkeeten entwéckele kann.

De Chef kennt d'Wëllefcher an hëlt se do of, wou si an hirer Entwécklung stinn. Hien hëlt si eescht, respektéiert si a gëtt hinnen den Halt, deen se brauchen. De Chef soll e Gespier hu fir de Kanner hir Bedierfnisser, Wënsch an Interessen. Hie geet oppe mat hiren Iddien ëm.

Zu den Aufgabe vun all Chef gehéieren, seng Aktivitéite preparéiert duerchzeféieren, en ofwiesslungsräichen a flotte Programm unzebidden an am Kontakt mat den Elteren ze sinn. Hien ass sech bewosst, datt hien de Kanner e Virbild ass. Hie vermëttelt de Wëllefcher Spaass a Freed um Guidismus a Scoutismus.

## Natur an Nohaltegkeet

Dem Wëllefche säi Virwëtz gëtt néierens esou ugestëppelt ewéi an der Natur, egal ob am Park, bei enger Baach, op der Strooss, am Duerf oder am Bësch. D'Wëllefcher entdecken d'Natur aktiv duerch Experimenter an Aktivitéiten dobaussen a spieren esou déi spilleresch Zesummenhäng vun der Natur.

De Wëllefche soll vill Méiglechkeeten hunn d'Natur op eege Fauscht ze entdecken. Hie ka sech dobäi och mol knaschteg maachen. D'Natur bitt och e flotten Erliefnisraum fir Energie

ze tanken, Energie, déi ze vill ass, lass ze ginn oder zur Rou ze kommen.

De Wëllefchen hëlt duerch Aktivitéiten d'Natur als de natierleche Liewensraum fir d'Déieren an d'Planze wouer an erkennt domadder d'Natur als een essentiellen Deel vu senger Ëmwelt un.

Hie gëtt sech bewosst, datt d'Ëmwelt och duerch säin eegent Verhale beaflosst gëtt an et dofir wichteg ass, dës ze schützen.

## Spiritualitéit

De Wëllefche kritt d'Méiglechkeet duerch den Austausch iwwer konkret Situatioune Spiritualitéit ze erliewen. Doraus ergëtt sech, datt et verschidden Approchen an Orientéierunge ginn. De Kader gëtt esou gestallt, datt d'Wëllefcher zur Rou kommen, sech Zäit huelen, nolauschteren, zesummen nodenken, Froe stellen a sech austauschen kënnen.

Am Alldag gräift de Chef dat op, wat d'Kanner am Ruddel an ausserhalb erlieft hunn. Hie gëtt hinnen d'Méiglechkeet, fir Froen ze stellen a leet si un, fir selwer nozedenken. Spiritualitéit bei de Wëllefcher ergëtt sech dacks aus deem, wat erlieft an zesumme gedeelt gëtt. Dëst kënne frou oder traureg Momenter sinn, awer och Momenter wou mir staunen, wou mir eis Froe stellen oder wou mir net méi weider wëssen. Et geet net dorëms, datt de Chef eng Äntwert op all Fro muss hunn. Hien ass e Virbild, dee sech opmécht fir déi natierlech Spiritualitéit, déi kulturell Wuerzelen an de reliéise Background, deen d'Kanner matbréngen. De Wëllefche léiert doduerch, datt et verschidde spirituell Usiichte ginn.

Wann de Chef d'Kanner do ofhëlt wou se stinn, da kann hie si och motivéieren, hire perséinleche Wee weiderzegoen, respektiv dësen ze sichen. Et geet dorëms Saachen an der Déift ze

erliewen, mam Häerz ze kucken, ze lauschteren, ze schwätzen an ze handelen.

## Internationalitéit an Diversitéit

D'Internationalitéit an d'Diversitéit spillen sech bei de Wëllefcher am Klengen of. De Wëllefche léiert sech an déi aner mat hirem Ëmfeld, hirer Kultur, hire spirituellen a reliéisen Iwwerzeegunge kennen. D'Kanner entdecken d'Ënnerscheeder a mierken, datt et eng Beräicherung ass, datt mir all verschidde sinn. Op der enger Säit spiere si hir Eenzegaartegkeet. Op der anerer Säit freeë si sech iwwer déi Gemeinsamkeeten, déi een an all Diversitéit fënnt. D'Entdecke vun der Diversitéit ka bei verschidden Aktivitéite gefërdert ginn:

- Am eegene Grupp, vu Biber iwwer Chef bis Albatross, spiere si, datt een an de Guiden a Scoute ka grouss ginn.
- Am Kontakt mat anere Ruddelen an op nationalen Aktivitéite mierke si, datt een en Deel vun engem grousse Jugendmouvement ass.
- Duerch d'Zeréckgräifen op d'Elteren, zum Beispill aus anere Kulturen, déi duerch hir Villsäitegkeet eng Ressource kënne sinn, léieren si och, datt et an dësen anere Länner a Kulturen och Guiden a Scoute ginn.
- Duerch d'Deelhuelen un Aktivitéiten an der Uertschaft oder am Quartier kommen d'Wëllefcher mat Leit aus verschiddene Generatioun a sozialen Ëmfelder a Kontakt.
- Duerch spezifesch Versammlungen an Aktivitéite léieren d'Wëllefcher esou net nëmmen aner Kulture kennen, mee wëssen och, datt et nach vill aner Guiden a Scoute ronderëm d'Welt gëtt a mir eng grouss Famill sinn.

Esou ginn d'Kanner an hirer oppener an toleranter Haltung ënnerstëtzt, wat sech ënnert anerem an enger B.A. ausdrécke kann.

## Asaz fir d‘Allgemengheet

De Wëllefche léiert seng eege Bedierfnisser kennen. Hie mierkt, datt hien net eleng ass, an datt och seng Matmënsche Bedierfnisser hunn. Hie léiert sech an déi aner eranzeversetzen. Hien ass frou, datt hie Frënn huet a kuckt no hinnen.

D‘Chef hunn hei eng ganz wichteg Virbildfunktioun, sou wéi si hiren Asaz virliewen. Esou kënnen och d‘Wëllefcher et nomaachen. Dat geet mat ville Klengegkeeten un:

- ➜ duerch hiert Engagement an hir wäertschätzend Haltung vis-à-vis vun de Kanner an ënnereneen,
- ➜ duerch d‘Virliewe vun engem nohaltege Konsumverhalen,
- ➜ duerch e responsabelen Ëmgang mat Material oder Raimlechkeeten,
- ➜ duerch d‘Uschwätze vun aktuellen Themen.

Doraus ergëtt sech en Asaz, dee méi aus der Déift erauskënnt. D‘B.A. ass eng Méiglechkeet, fir dësen Asaz konkret ëmzesetzen an anerer spieren ze loossen, datt si ons eppes wäert sinn.

Mat Aktivitéiten am Grupp gi mir de Wëllefcher d‘Geleeënheet, hire klenge Bäitrag zu engem méi grousse Projet ze leeschten. Esou mierke si, datt een och duerch e méi klengen Asaz eppes Grousses erreeche kann.

Methode

# AVEX





> **“Seid bereit bedeutet, dass ein Pfadfinder jeden Moment in der Lage sein muss, seine Pflicht zu tun.”**
>
> Baden Powell

## Perséinleche Fortschrëtt

Beim perséinleche Fortschrëtt steet d‘Entwécklung vum Avex sengen individuelle Fäegkeeten am Virdergrond. Den Avex kritt am Laf vun der Zäit ëmmer méi Verantwortung vum Trupp zougesprach an erkennt doduerch, wat wierklech an him stécht. Den Avex kritt d‘Méiglechkeet, nei Saachen auszeprobéieren a stellt fest, datt hie Fäegkeeten huet, déi hien net fir méiglech gehalen hätt. De Chef steet dem Avex op sengem Wee zur Säit a soll hien ënnerstëtzen an encouragéieren.

De perséinleche Fortschrëtt zitt sech als roude Fuedem duerch all d‘Aktivitéiten. Follgend fënnef Beräicher stinn am Mëttelpunkt vum Avex sengem perséinleche Fortschrëtt an deene verschidden Aktivitéiten.

**De Kierper**

Den Avex versteet, datt en ongesonde Liewensstil Konsequenze fir déi eege Gesondheet huet a beméit sech op seng Gesondheet opzepassen. Ausserdeem léiert hie seng eegen an deenen aneren hir kierperlech Grenze kennen. Unhand vu verschiddene kierperlechen Aktivitéiten entdeckt den Avex seng Fäegkeeten an entwéckelt dës weider.

**De Geescht**

Den Avex hëlt nei Erausfuerderungen un a probéiert aus deenen Challengen eppes bäizeléieren. Hie léiert no a no sech am Viraus ze informéieren an ze iwwerleeën, iert hien eng Entscheedung trëfft. Hie léiert a konkrete Situatiounen seng Reaktiounen anzeschätzen an eng Stellung zu sengen Entscheedungen ze huelen. Ausserdeem léiert den Avex seng Iddien op kreativ Aart a Weis auszedrécken.

**D'Gefiller**

Den Avex probéiert seng Gefiller anzeschätzen a seng Reaktiounen dorun unzepassen. Hie léiert an deem Kontext och seng Gefiller op verschidden Aart a Weisen auszedrécken a mat senge Matmënschen ze deelen. Wichteg ass och, datt den Avex seng Meenung a verschiddene Situatioune ka matdeelen, ouni dobäi d'Meenung vun deenen aneren ze refuséieren.

**Dat Soziaalt**

Den Avex erkennt, datt d'Mënschen ënnerschiddlech Stäerkten a Schwächten hunn, a gëtt sech Méi all Eenzelen ze respektéieren. Ausserdeem schafft den Avex gären am Grupp a gëtt sech lues a lues senger Responsabilitéit vis-à-vis vun deenen anere bewosst. Hie bréngt sech am Grupp an, mee weess och de Bäitrag vun deenen anere wäertzeschätzen. Den Avex mécht sech mat sengem Grupp Gedanken, wéi een sech aktiv fir anerer asetze kann. Hie gesäit, wou Aufgaben ustinn an ergräift Initiativen.

**Dat Spirituellt**
Den Avex setzt sech mat ënnerschiddleche reliéisen a philosopheschen Usiichten auserneen. Hien hëlt sech Zäit fir sech selwer a fänkt un Erliefnesser ze hannerfroen an aus dësen Erfarungen ze léieren.

## Symbolesche Kader

De symbolesche Kader hëlleft dem Avex sech mat der Branche ze identifizéieren an d'Schwéierpunkte vun der Branche besser wouerzehuelen. De symbolesche Kader gëtt bei den Avex duerch e Lagerfeier duergestallt.

Dat wichtegst bei engem Lagerfeier ass d'Holz, well ouni Holz ka keng Flam entstoen. D'Holz steet dofir symbolesch fir den Avex selwer, well och hien ëmmer am Mëttelpunkt steet an et ganz ëm seng Entwécklung geet. Dat gëtt nach méi kloer symboliséiert duerch zwee sech kräizend Stécker Holz, déi fir den X am Wuert Avex stinn.

Aus dësem Holz kann dann e Lagerfeier entstoen an et entwéckelt sech eng schéi Flam. Dës Flam steet symbolesch fir d'Entwécklung vum Avex an deenen eenzele wichtege Beräicher vun der Avex-Method. Dëst bitt déi néideg Basis fir vill flott an ofwiesslungsräich Aktivitéiten. Den Avex huet esou d'Méiglechkeet, wärend dësen Aktivitéiten déi verschidde Beräicher an aller Form kennenzeléieren. Déi wichtegst Elementer, déi duerch de symbolesche Kader ënnerstëtzt ginn, baue ganz op deene fënnef Beräicher vum perséinleche Fortschrëtt op.

D'Lagerfeier steet fir d'Kreativitéit bei den Avex. D'Lagerfeier bitt e wichtegen Treffpunkt, bei deem verschidden Aktivitéite kënne gemaach ginn. Dës Aktivitéite sinn oft d'Resultat vu ganz kreativen Iddien, déi vum Chef a vun den Avex zesummen ausgeschafft goufen. Beim Lagerfeier gëtt sech awer och oft fir e gemittlechen Austausch zesummegesat. Genau bei dëse Gespréicher entstinn oft ganz kreativ Iddien, déi sech dann am

ganze Programm vun den Avex erëmfannen. D'Lagerfeier steet och fir d' Engagement, dat den Avex ageet an hien duerch seng ganz Entwécklung begleet, esou wéi och d'Lagerfeier ëmmer e Bestanddeel vun de verschiddenen Aktivitéiten ass. Duerch d'Wäermt vun der Flam bitt d'Feier eng Plaz, wou ee roueg Momenter erliewen a verbrénge kann. D'Feier steet dofir och fir dat Spirituellt an d'Nodenken iwwer säin eegent Handelen.

D'Lagerfeier stellt och d'Entwécklung vum Kierper a Geescht duer. Et brauch een nämlech dat néidegt Wëssen, fir aus dem Holz kënnen eng Flam entstoen ze loossen an et muss ee gläichzäiteg och d'Gefore vun dëser Flam kennen, fir déi aner a sech selwer ze schützen. Den Avex kritt esou d'Méiglechkeet, duerch déi verschidden Aktivitéiten a Scoutstechnike säi Geescht ëmmer weiderzëentwéckelen. Dat ganzt Lagerfeier steet gläichzäiteg awer och fir den héije Stellewäert vum Kierper a vun der Natur. E Lagerfeier gëtt meeschtens dobaussen an der Natur ugefaangen, esou wéi och den Avex vill Zäit an der Natur verbréngt. A genau dës Zäit an der Natur bréngt déi néideg Erfarunge mat sech, fir sech an alle Beräicher weiderzëentwéckelen an hëlleft engem sech bewosst ze ginn, ewéi wichteg et ass op säin eegene Kierper a seng Gesondheet opzepassen. D'Lagerfeier steet och fir all déi verschidde Scoutstechniken, déi bei den Avex eng wichteg Roll spillen an um Camp gebraucht ginn. Zousätzlech steet et och fir dat soziaalt Liewen, dat sech do ronderëm gestalt. Fir d'Scoutstechnike kënnen unzewenden, brauch een also e spezifescht Wëssen, dat ee bei den Aktivitéite mat op de Wee kritt. Bei den Avex gëtt oft dobaussen an der Natur um Feier gekacht. Dofir ass et wichteg, datt an der Ekipp zesummegeschafft gëtt a jiddweree sech géigesäiteg hëlleft, fir vuneneen ze léieren a sech weiderzëentwéckelen. D'Symbol vum Lagerfeier steet dofir engersäits fir den Zesummenhalt an d'Zesummeschaffen, an anerersäits och fir d'Scoutstechniken, déi déi néideg Basis bidden fir gemeinsam ze léieren.

## Aktivitéiten

D'Aktivitéite sinn ofwiesslungsräich, altersgerecht, erausfuerderend an oppe fir dem Avex seng Iddien. D'Aktivitéite respektéieren ëmmer dem Avex seng Entwécklung. Si sinn u seng Interessien ugepasst a maachen awer och Weeër op fir Neies ze entdecken. Déi verschidden Aktivitéite bei den Avex sinn:

### Versammlung

D'Versammlung ass déi heefegst Form vun Zesummekommen, déi mir bei den Avex erliewen. D'Avex sinn aktiv un de Versammlunge bedeelegt a léieren op wichteg Elementer, ewéi Material, Budget an Zäitopwand mat opzepassen. Als Bäitrag zum perséinleche Fortschrëtt kënnen och kleng fräiwëlleg Virbereedungsaarbechten doheem gemaach ginn. D'Erléiere vun de wichtegste Scoutstechniken, déi fir de Camp gebraucht ginn, fënnt an der Versammlung reegelméisseg seng Plaz a kann esou Schrëtt fir Schrëtt verdéift a perfektionéiert ginn.

### Expeditioun

Bei den Avex nenne mir Aktivitéiten zu engem bestëmmten Thema, déi sech iwwer 4-6 Versammlungen zéien, eng Expeditioun. Dëst sinn eng Rei vu Versammlungen, déi zesummenhänken. Fir den Avex huet d'Bedeelegung bei der Gestaltung vun allen Aktivitéiten eng grouss Bedeitung. D'Fiesta ass den Ofschloss vun all Expeditioun, wou am Kader vun enger klenger Feier de Schlussstréch ënner dat Geleeschte gezu gëtt. Bei der Feier soll besonnesch Wäert op dat ronderëm geluecht ginn (Dekoratioun, Musek, Animatioun, Iessen, asw.), woubäi d'Thema och nach eng Kéier zum Droe komme soll.

### Sortie vun engem Dag

Hei verléisst d'Trupp zesummen, oder déi eenzel Patrullen, d'Ëmgéigend an där si normalerweis Aktivitéiten ofhalen an erliewen eist Land mat senger Natur, Kultur a Gesellschaft.

Eng Sortie kann och eng Visitt vun enger Institutioun oder engem Betrib sinn. Hei léiert den Avex ewéi d'Welt dobausse funktionéiert a kritt Wëssen an Inspiratioune vermëttelt. Dës Visitte sollen e Lien mam Thema vun enger Expeditioun hunn. Eng Sortie kann awer och emol eng Kéier eng spaasseg Aktivitéit sinn, wou et einfach nëmmen drëms geet, zesummen e flotte Moment ze erliewen.

### Weekend a Camp

Campen a Weekender si ganz wichteg bei den Avex. Si schweessen d'Liewen an der Trupp an an der Patrull besonnesch zesummen. De Camp an de Weekend sollen ënnert engem Thema stoen an d'Aktivitéiten ënnermolen dëst Thema. Si fanne beschtefalls am Land oder am noen Ausland statt. Et soll een drop oppassen, op Plazen ze goen, wou d'Avex sech mat de Participante sproochlech verstännege kënnen. De Weekend an de Camp bidden den Avex d'Méiglechkeet, eng flott Zäit - ewech vu Schoul an Elteren - an der Gemeinschaft ënnert Gläichaltregen ze erliewen.

De Camp gëtt an de Versammlunge virbereet. Dobäi ass et wichteg, datt den Avex dat wichtegst Campmaterial kenneléiert a sech mat de wichtegste Scoutstechniken, déi een um Camp brauch, familiariséiert.

Zum Zesummeliewen um Camp gehéieren nieft den Aktivitéiten awer och d'Chargen ewéi Kachen, Botzen asw. Dës gehéieren zum Léiere bei den Avex dobäi a bidden eng zolidd Basis fir déi spéider Onofhängegkeet. De Patrullechef huet um Weekend a Camp eng nach méi grouss Verantwortung, well hien nieft den Aktivitéiten och fir d'Wuel vun der Patrull am Alldag suerge soll.

### Aktivitéiten am Grupp

D'Avex huelen awer och un Aktivitéite vun hirem Grupp deel. Esou sinn si als Avex ee liewegen Deel vun hirem Grupp a spillen hei, als Branche an der Mëtt, eng wichteg Roll. Do dernieft sinn

d'Avex bei Evenementer, déi an hirem Duerf oder Quartier stattfannen, bedeelegt a bilden esou en aktiven Deel vun der lokaler Gesellschaft.

**National Aktivitéiten**

Zesumme mat hirer Trupp oder Patrull huelen d'Avex och un nationale Guiden- a Scoutsaktivitéiten deel. Hei verdéiwen si d'Kenntnisser ronderëm de Guidismus a Scoutismus zu Lëtzebuerg a bilden ëmmer nees nei Frëndschaften. Dës national Aktivitéiten erlaben et Aktivitéiten ze erliewen, déi oft an der Trupp nëmme schwéier ze organiséiere sinn.

## Ekippesystem

Bei den Avex gëtt a Patrulle geschafft. Eng Patrull ass eng kleng Grupp an ass ee wichtege Bestanddeel vun der Method. D'Patrull erlaabt net nëmmen d'Trupp a méi praktesch Ekippen anzedeelen, mee bitt dem Avex den ideale Kader fir sech individuell weiderzëentwéckelen, an um Enn vu senger Avex-Zäit konkret Verantwortungserfarungen ze maachen.

Eng Patrull besteet aus engem Patrullechef, Patrullesecond a weideren Avex. All Patrullemember huet an der Gestaltung vun der Patrull d'Méiglechkeet matzeschwätzen. Hei ass den Trupperot eng flott Méiglechkeet, fir datt d'Meenung vun all Avex iwwer säi Patrullchef weidergeleet gëtt.

De Patrullechef soll d'Verantwortung fir seng Patrull iwwerhuelen, andeems e kuckt, datt jiddwereen zu Wuert kënnt, se motivéiert a mam gudde Beispill virgeet. De Patrullesecond hëlleft dem Patrullechef bei dësen Aufgaben a sprëngt an, wann dësen net do ass. D'Rolle vum Patrullechef/second sollen am Idealfall fir déi Avex reservéiert sinn, déi bereet sinn, dës Verantwortung ze iwwerhuelen an déi reegelméisseg an aktiv un de Versammlungen an Aktivitéiten deelhuelen.

Et ass awer och wichteg, datt déi aner Avex an der Patrull eng spezifesch Roll a Responsabilitéit an der Patrull iwwerhuele kënnen, wéi z.B: Material, Logbuch, Kachen, Kreativitéit oder Musek. Esou léiere si a klenge Schrëtt, konkret Verantwortung fir eppes ze iwwerhuelen an esou hir Talenter ze fërderen.

Fir den Avex ass et wichteg, sech mat senger Patrull kloer identifizéieren ze kënnen. Dofir soll all Patrull sech ee Patrullennumm sichen, woubäi Wäert dorop geluecht gëtt, datt dësen Numm e Sënn fir hir Memberen huet. Bei der Sich kënnen och Virbiller, Idealer, Déieren, Wäerter oder Idoler a Betruecht geholl ginn. E Patrullennumm fuerdert den Zesummenhalt an der Patrull a kann duerch e selwer kreéierte Logo oder Sproch ergänzt ginn.

Ervirzehiewen ass och, datt kleng Truppe mat nëmmen e puer Avex am Patrullesystem schaffe sollen. Dës Truppe kënne da just eng Patrull bilden.

## Learning by doing

Learning by doing ass eng vun den Haaptmethode bei den Avex. Den Avex kritt e Kader gebueden, an deem hie léieren an sech weiderentwéckele kann. Den Avex soll seng Fäegkeeten an Talenter ausprobéieren an aus senge Feeler léieren. Hie fänkt un, fir seng Aktioune Verantwortung ze iwwerhuelen a sech bewosst ze ginn, wat hien d'nächst Kéier anescht respektiv besser maache kann.

Bei den Aktivitéite bedeelegt den Avex sech aktiv a bréngt sech an, fir esou zesummen een Zil ze erreechen. Et ass wichteg, sech konstant virun Aen ze halen, datt de Wee d'Zil ass an, datt den Avex wärend deem ganze Prozess léiert. Den Avex kritt d'Méiglechkeet, seng Iddie matzedeelen, un Aktivitéite matzeplangen, sech selwer ze organiséieren an aktiv bei der Ëmsetzung matzeschaffen.

## Participatioun

Fräi nom B.P. sengem Ask the boy/Ask the Girl sinn déi zentral Iddie vun der Participatioun d'Matschwätzen, d'Matgestalten an d'Matbestëmmen. Och bei den Avex gëtt probéiert, dës Elementer ëmzesetzen, well et wichteg ass, datt d'Avex eng Plaz hunn, wou si hir Meenung ausdrécke kënnen a wou si gehéiert ginn. Si léieren no an no och ëmmer méi Verantwortung fir sech an anerer ze iwwerhuelen.

**Matschwätzen**

No all Expeditioun oder gréisser Aktivitéit soll e Bilan gemaach ginn, dee souwuel déi positiv ewéi och déi negativ Punkte festhält. All Avex soll d'Méiglechkeet kréien, sech ze äusseren an och ze léieren, wéi e mat Feedback ëmzegoen huet. Eng Meenung hunn, iwwer dat wat geschafft ginn ass, a léieren seng Meenung auszedrécken, gehéieren zum edukative Konzept vum B.P.

Eng aner Method fir d'Matschwätzen ze férderen ass den Trupperot. Dësen ass eng Versammlung tëschent Chef a Patrullechef. E ka jee no Besoin stattfannen oder op engem Camp all Dag. Den Trupperot ass eng Méiglechkeet, fir d'Kommunikatioun tëschent der Chefekipp an de Patrullen ze stäerken.

**Matgestalten**

D'Avex kréie bei all den Aktivitéiten d'Méiglechkeet matzeschaffen an d'Aktivitéit matzegestalten. D'Logbuch ass eng Méiglechkeet mat där d'Avex eppes iwwer all Versammlung an Aktivitéit festhale kënnen. Sënn an Zweck vun engem Logbuch ass et, sech och nach Joren duerno un Erliefnesser vun der Patrull erënneren ze kënnen. Dëst muss net onbedéngt en Heft sinn, mee kann och unhand vun anere Medien (Foto, Film, Blog, asw.) realiséiert ginn.

**Matbestëmmen**
Duerch d'Schaffen a klenge Gruppen an an de Patrulle léieren d'Avex matzediskutéieren an am Grupp mat aneren zesummenzeschaffen, fir esou no an no Verantwortung fir anerer iwwerhuelen ze kënnen. Et ass d'Roll vun de Chef dëst Responsabilitéitsgefill ze fërderen an ze stäerken.

## Verspriechen

D'Verspriechen - also sech engagéieren, fir bewosst no de Grondsätz vum Guidismus a Scoutismus ze liewen - ass ee bedeitende Schrëtt fir den Avex. Den Avex leet selwer den Zäitpunkt vu sengem Verspriech fest. Heibäi ass et awer wichteg, datt den Avex als éischt emol Zäit kritt, seng nei Branche kennenzeléieren. Um Enn vum éischte Joer decidéiert hie selwer, ob hie bereet ass säi Verspriechen ofzeleeën. D'Verspriechen ass eng fräiwëlleg Saach an dofir soll den Avex dëst och just ofleeën, wann hie sech räif dofir spiert. Et soll kee forcéiert ginn, fir säi Verspriechen ofzeleeën. Jiddwereen, deen et mécht, soll sech dem Wäert vun dësem besonnesche Moment bewosst sinn an och wëssen, wat et heescht, eng Entscheedung ze huelen an zu där ze stoen. D'Verspriechen ass ee Prozess, bei deem dem Avex bewosst gemaach gëtt, datt vun haut un eng Partie Aspekter a sengem Liewen u Wichtegkeet zouhuele wäerten.

Den Avex kritt d'Méiglechkeet, an engem feierleche Kader säi Verspriechen ofzeleeën. D'Verspriechen, wat vum Chef an dem Avex zesumme virbereet gëtt, gëtt vun enger gewësse Symbolik gedroen. Esou ass d'Iwwerreeche vum Verspriechensofzeeche bei dëser Feier e ganz wichtege Moment, deen dem Avex soll weisen, datt elo eng nei Etapp op sengem Wee ugeet, bei där hien d'Ënnerstëtzung vun der ganzer Trupp huet. Dofir ass et och wichteg, datt den Avex säi Verspriechen a Präsens vu senger Trupp a senge Chef ofleeë kann. Fir dëse Moment nach méi feierlech ze gestalten an d'Wäerter vum Guidismus a Scoutismus ervirzehiewen, kann den Avex selwer entscheeden, fir seng Uniform a säi Foulard mat sengem Foulardsrank vum Start

unzedoen. De Fändel dréit och zu enger gewësse Feierlechkeet bäi an hieft d'Wichtegkeet vun dësem Moment ervir. Bei der Virbereedung vun dëser Feier spillt de Chef eng wichteg Roll, woubäi den Avex och matschwätzen, matbestëmmen an och matgestalte kann, fir dëse Moment sou eenzegaarteg wéi méiglech fir hie selwer ze gestalten.

Den Avex kann och säi perséinlechen Text fir d'Versprieche schreiwen. D'Roll vum Chef ass et natierlech net nëmmen eng Verspriechensfeier ze organiséieren, mee d'Avex beim Ëmsetze vun hirem Verspriechen ze ënnerstëtzen an si heiansdo dorun ze erënneren, sech längerfristeg un hir Wäerter an Ziler ze halen. Eng Orientatioun fir d'Chef ass dat offiziellt Guiden- a Scoutsverspriechen nom Baden-Powell. Dat ass ëmmer baséierend op den dräi „Duties" - esou wéi och d'Versprieche vum Verband vun de Lëtzebuerger Guiden a Scouten:

**Ech versprieche**
Verantwortung vis-à-vis vu mir,
menge Matmënschen a menger Ëmwelt ze iwwerhuelen,
meng perséinlech Spiritualitéit weiderzëentwéckelen
an nom Guiden- a Scoutsgesetz ze liewen.

D'Guiden- a Scoutsgesetz ass:

**Eng Guide / E Scout**
ass zouverlässeg
ass éierlech a fair
ass bereet ze hëllefen
ass gutt zu all Mënsch
mécht den éischte Schrëtt a setzt sech a fir Gerechtegkeet
respektéiert d'Liewen an all senge Formen
kann nolauschteren a Kritik erdroen
huet eng positiv Liewesastellung
ka sech organiséieren a mécht näischt hallef
hält sech kierperlech a geeschteg gesond

## Rewarding system

Am Avex-Alter geschitt mat de Jonke ganz vill. Bei den Avex steet villes um Programm an et gi vill Ännerunge par Rapport zu de Wëllefcher. Fir datt den neien Avex sech erëmfënnt an eng Iwwersiicht kritt, wat fir spannend an interessant Erausfuerderungen op hien duerkommen, soll hien d'Trupp, seng Chef an och de symbolesche Kader ronderëm d'Lagerfeier an enger Wëllkomm-Phas kenneléieren. D'Lagerfeier symboliséiert eenzel Beräicher, déi all fir aner Fäegkeeten, Wäerter an Erausfuerderunge stinn. Duerch dës Symbolik gëtt den neien Avex sech bewosst, datt hie sech a senger Zäit als Avex neien Erausfuerderunge stelle wäert, Verantwortungen an der Patrull iwwerhuelen, an d'Aktivitéiten an der Branche aktiv matgestalte kann.

Fir datt d'Avex sech reegelméisseg bewosst ginn, datt si bei deene ville spannenden Aktivitéiten an Erausfuerderung vill bäiléieren, bidde mir hinnen de Kader vum Badgesystem. Dëse bitt fräi nom B.P. sengen Iddien, en ideale Rewarding-System an eng Motivatioun, ugepasst un hiren Alter. Déi verschidde Fäegkeetsbadgen, un deenen den Avex individuell oder an der Patrull schaffe kann, weisen him, datt déi perséinlech Progressioun, déi mir an der Avex-Method erëmfannen, vill verschidde Beräicher ofdeckt. Méi bewosst, ewéi nach villäicht bei de Wëllefcher, hëlt den Avex selwer d'Initiativ, fir sech an engem Beräich weiderzëentwéckelen an zu engem gewësse Moment aktiv un engem Fäegkeetsbadge ze schaffen. Do dernieft mécht de Chef den Avex awer och drop opmierksam, wann dësen onbewosst eppes bäigeléiert huet a mécht de Lien mat dem passende Fäegkeetsbadge. Wann den Avex nei Fäegkeeten an engem Beräich bewisen huet, hëlt hien d'Wäerter aus dem Guiden- a Scoutsgesetz, déi een an deene verschiddene Badgen eremfënnt, eescht. Huet hien déi passend Erausfuerderunge gemeeschtert, kritt hien iwwer de Badge seng Progressioun an deem Beräich unerkannt a wäertgeschat, a gëtt op en Neits motivéiert, sech weiderzëentwéckelen.

De Chef kann dem Avex och Fäegkeeten unerkennen, déi dësen ausserhalb vun de LGS, zum Beispill an aneren Hobbyen, geléiert huet. Wichteg ass, datt de Fäegkeetsbadge kloer definéiert Ziler an Objektiver huet, déi de Chef den Avex erkläre kann. Beim Unerkenne vun eenzele Fäegkeeten oder Aufgabe soll et awer eng gewësse Flexibilitéit ginn, déi dem Avex seng eegen individuell Progressioun an Efforten unerkennt. D'Fäegkeetsbadgen weisen dem Avex seng individuell Stäerkten a Fortschrëtter. Dobäi ass d'Qualitéit oft méi wichteg ewéi d'Quantitéit.

Fir eng gelongen Expeditioun vun den Avex am Beräich vum Naturschutz oder der Nohaltegkeet unzëerkennen, kann de Weltscoutëmweltbadge als eng zousätzlech Unerkennung iwwerreecht ginn. Dëse Badge symboliséiert, datt d'Avex sech net nëmme mat engem Beräich vum Ëmweltschutz ausernaner gesat hunn, mee och e konkrete Schrëtt fir eng besser Ëmwelt ënnerholl hunn.

Parallel zu de Fäegkeetsbadgen gëtt et bei den Avex och nach de Brevet. Dëse symboliséiert anescht ewéi d'Badgen net just d'Progressioun an engem eenzele Beräich vun der Method, mee evaluéiert vill méi dem Avex säin Engagement, seng Progressioun a seng Weiderentwécklung an alle Beräicher. De Brevet besteet aus enger Rei vun Aufgaben, déi an hirem Ganzen all d'Beräicher vun der Avex-Method ofdecke sollen, an déi den Avex sech selwer eraussicht an dann ausféiert. Den Avex soll sech Zäit huelen fir um Brevet ze schaffen. De Chef hëlleft dem Avex bei der Definitioun vu sengen Ziler an Aufgaben, a steet him mat Rotschléi a Motiviatioun beim Ausféiere vun dësen zur Säit. Dëst setzt viraus, datt och reegelméisseg de Brevet zur Sprooch kënnt an e Kader gebuede gëtt, deen et erlaabt, um Brevet ze schaffen. De Brevet ass déi héchsten Unerkennung bei den Avex. Dofir gëtt en och feierlech iwwerreecht a weist esou, datt een um richtege Wee ass, e gudden an aktive Bierger ze ginn.

Ier den Avex an d'CaraPio wiesselt, kritt hie bei enger Feier vu senger Trupp Äddi gesot. Iwwer d'Badgen, déi hie sech verdéngt huet, an am beschte Fall dem Brevet, deen hien elo dréit, huet

hien d'Unerkennung vu deem, wat hien a senger Zäit als Avex geléiert huet, a gesäit esou, datt hie prett ass fir déi nächst Branche.

## De Chef als Begleeder

De Chef huet eng wichteg Roll bei den Avex, well hie virun allem an dëser Entwécklungsphas eng grondleeënd Virbildfunktioun huet an d'Wäerter vum Guidismus a Scoutismus virliewe soll. Den Avex-Alter ass deen Alter, an deem déi Jonk sech an enger grousser Entwécklungsphas befannen an deemno och eng Orientéierung brauchen, mat där sech d'Chef och solle bewosst auserneesetzen.

Dobäi bitt de Chef e Vertrauenskader, an deem hien d'Problemer an d'Uleies vun de Jonken eescht hält an hinne géigeniwwer en oppent Ouer huet. D'Roll vum Chef ass et déi Jonk ze stäerken, andeems hien op hir Bedierfnisser ageet an hinne Raum gëtt, fir och kritesch Froen ze stellen. Dofir ass et och wichteg, eng gemëschte Chefekipp ze hunn, déi esouwuel aus Fraen ewéi aus Männer besteet.

Et ass och wichteg, datt de Chef eng gesond Balance fënnt tëschent „maache loossen" an „encadréieren". D'Avex sollen an de Guiden a Scouten e Kader hunn, wou si sech kënnen ausprobéieren, fir sech perséinlech kënne weiderzéentwéckelen. Si sollen awer och no bestëmmte Reegelen zesummen am Grupp liewen, fir eng Gruppendynamik ze schafen, an där jiddwereen sech ka wuelfillen.

De Chef ass a senger Roll och responsabel fir e séchere Kader fir déi Jonk ze schafen. Als gesetzleche Verantwortleche vun der Trupp muss hie ganz kloer Limitten a Reegele festleeën an duerchsetzen, fir de Jonken hir geeschteg a kierperlech Gesondheet ze schützen. Den Truppchef huet an alle Sécherheetsfroen dat lescht Wuert a kann seng Entscheedung och transparent erklären.

## Natur an Nohaltegkeet

D'Natur soll fir d'Avex net just nëmmen e Spillfeld an eng Campplaz sinn, wou si sech amuséieren an Aktivitéite maache kënnen. Si si sech bewosst, datt d'Natur e Liewensraum ass, fir deem säi Schutz et wäert ass, sech aktiv anzesetzen. Den Avex léiert, datt all Liewewiesen e Wäert an e Recht op eng intakt Ëmwelt huet.

Duerch d'Aktivitéiten am Beräich Ëmweltschutz an duerch d'Liewen um Camp, léieren d'Avex, datt hiert Handelen een Impakt op d'Ëmwelt huet, an datt si hir Gewunnechten upasse kënnen. No a no léiere si och genau, dës Gewunnechten an hiren Alldag afléissen ze loossen.

## Spiritualitéit

D'Natur spillt bei den Avex beim Thema Spiritualitéit eng ganz wichteg Roll. D'Natur ass fir d'Avex net nëmmen ee Spillfeld, mee och ee konkreten Zougang fir sech méi oder manner abstrakt philosophesch Froen ze stellen an dës och ze hannerfroen.

Duerch konkret Situatiounen (Lagerfeier, Stärenhimmel beobachten, asw.) erméiglecht de Chef et dem Avex, d'Natur a Rou wouerzehuelen a säin eegent Handelen ze reflektéieren. Duerch geziilte Froe gëtt den Austausch iwwer Erlieftes ugereegt. Den Avex verbréngt vill Zäit an der Natur an duerch dës Erliefnisser gëtt him bewosst, datt net alles selbstverständlech ass an, datt ee fir villes selwer muss Suerg droen.

Am Liewen an der Trupp mécht hien d'Erfarung, datt säin Handele Konsequenzen huet. Hie léiert säin Handelen an och säin Erlieftes ze hannerfroen a probéiert aus sengen Erfarungen ze léieren. Hie léiert sech ze hannerfroen a versteet, datt ee säi Verhalen heiansdo änneren oder upassen muss.

De Chef soll den Avex dobäi ënnerstëtzen, sech mat ënnerschiddleche spirituellen Usiichten auserneenzesetzen an him doduerch hëllefen, seng Plaz an der Gesellschaft ze fannen. Dem Chef seng Roll ass et, dem Avex reegelméissege Feedback ze ginn, datt hien duerno säi Wee selwer sichen an och fanne kann.

## Internationalitéit an Diversitéit

Den Avex ass sech net nëmme bewosst, datt et verschidde Kulture ginn, mee hie fänkt un, ee kritesche Geescht, par rapport zu Problemer zu Lëtzebuerg an an der Welt, ze entwéckelen. Hie gesäit d'Diversitéit an den Austausch mat anere Kulturen als eng Beräicherung, déi hien op sengem Wee zum aktive Bierger stäerkt.

An de verschiddene Versammlungen, Aktivitéiten an Echangen am Laf vum Joer gëtt d'Diversitéit an eiser Gesellschaft, esou wéi op der Welt, thematiséiert a gelieft. Esou z.B. duerch d'Kenneléiere vun der Diversitéit vu Kulturen a senger eegener Trupp an am Grupp, awer och an der Gesellschaft, an där hie sech beweegt. Op dës Aart a Weis léiert hien net nëmmen déi verschidde Kulturen nach besser kennen, mee gëtt sech och de Problematiken, ewéi Ongläichheeten, Aarmut, Intoleranz an Ënnerdréckung - grad och vu Jonken a sengem Alter - bewosst. Eng méi grouss Toleranz an Akzeptanz sinn d'Haaptziler beim Duerchféiere vun esou Aktivitéiten an Echangen.

Esou soll den Avex och d'Méiglechkeet hunn, vum internationalen Austausch am Programm ze profitéieren. Hei bidden sech natierlech international Campen am noen Ausland un, wou den Avex a Kontakt mat verschiddene Guiden a Scouten aus anere Länner a Kulture kënnt. Heibäi ass et wichteg, datt de Camp a Länner stattfënnt, an deenen den Avex d'Sprooch versteet an esou beschtméiglechst mat den anere Guiden a Scoute kommunizéiere kann.

Eng aner Alternativ ass et um Camp am Ausland (z.B. op internationale Camp-Plazen ewéi Kandersteg), eng oder méi Aktivitéite mat den auslännesche Guiden a Scouten op der Plaz ze erliewen oder eng lokal Trupp besichen ze goen.

All dëst soll derzou bäidroen, datt den Avex konkret erlieft, datt hien e Member vun der weltwäiter Guiden- a Scoutfamill ass, an d'Ängschten an d'Virurteeler ofbaue kann. Hien erlieft, ewéi de Guidismus a Scoutismus, fräi nom B.P. senger Iddi, säi Bäitrag zum Fridden an der Welt leescht.

## Asaz fir d'Allgemengheet

Eng besonnesch Iddi huet de B.P. entwéckelt, fir de Guiden a Scouten d'Hëllefsbereetschaft an Erënnerung ze ruffen: d'Iddi, all Dag eppes Guddes ze maachen.

Et soll een awer net dobäi bleiwen all Dag eppes Guddes ze maachen, mee d' „Bonne Action" soll dohi féieren, datt d'Hëllefsbereetschaft eppes Selbstverständleches gëtt.

Eng B.A. ass ee Geste vis-à-vis vun engem Matmënsch, dee fräiwëlleg a gäre geleescht gëtt, an dat ouni Loun ze erwaarden. D'Abaue vun der B.A. an eis Aktivitéite weist den Avex, datt mir eis als Guiden a Scouten an den Déngscht vun eiser Gesellschaft stellen. Dëst Engagement soll oneegennëtzeg sinn.

An eisen Aktivitéite soll Plaz fir eng B.A. bleiwen, déi fir anerer organiséiert gëtt. Dëst ka vun engem klenge Geste goen, dee vill Freed mécht, bis zu der grousser Aktioun, wou déi Betraffen sech nach spéider drun erfreeë kënnen.

D'B.A. weist den Avex, datt een sech och am spéidere Liewe sozial engagéiere kann. Dëst soll ee ganz natierleche Prozess ginn.

Et ass duerfir wichteg, datt d'Chef reegelméisseg un dëst Thema erënneren. Et ass och un de Chef, déi eng oder aner B.A. vun engem Avex bei Geleeënheet ervirzehiewen.


Methode
CARAPIO
CaraPio
A
π
R
Lëtzebuerg




"Learning by doing!"
Baden Powell

## Perséinleche Fortschrëtt

D'CaraPio befannen sech an enger ganz dynamescher Phas vun hirem Liewen. Dës ass gepräägt vu ville Verännerungen op kierperlechem, geeschtegem a sozialem Plang. De CaraPio ass souwuel um Wee sech zu engem jonken Erwuessenen ze entwéckelen, wéi och amgaangen seng eege Perséinlechkeet ze fannen an ze festegen. Eis Method baséiert op den Iddie vum B.P. a bitt de Jugendlechen den ideale Kader fir datt si sech kënnen zu aktiven a mündege Bierger wedierentwéckelen an esou dem Zil vum Guidismus a Scoutismus méi no kommen.

Net nëmmen dem CaraPio seng individuell Fäegkeeten entwéckelen sech wärend déser Zäit rasant weider, mee och seng Besoine veränneren sech – duerch eng aktiv a participativ Method bidde mir dem CaraPio d'Méiglechkeet, hie bei dësem grousse Sprong a senger Entwécklung ze begleeden. Ganz besonnesch strieft hien no Autonomie. Hie sicht awer och no Unerkennung, wëll seng Grenze kenneléieren a wëll gehéiert ginn. De Guidismus a Scoutismus ka grad hei, dem Jonken eng wichteg Chance bidde fir Verantwortung ze iwwerhuelen. Et geet drëm

him ze (be)weise wat hie kann an him dobäi d'Méiglechkeet ze gi fir sech neien Erausfuerderungen ze stellen. D'Schafe vun dësem Ëmfeld zitt sech ewéi e roude Fuedem duerch d'Method vun de CaraPio. Hei huet d'Chefekipp eng aktiv Roll an der Begleedung vun de Jonken ze spillen. De perséinleche Fortschrëtt ass heibäi een ënnerschwellegt Zil - aus der Siicht vum CaraPio lieft seng Branche allerdéngs méi vun der Aktioun, dem „Fuer duer".

D'Aktivitéite musse genuch Raum bidden, fir datt de CaraPio sech an de folgende fënnef Beräicher weiderentwéckele kann.

**De Kierper**

*„E responsabelen Ëmgang mat sengem eegene Kierper a senger Gesondheet léieren."* De CaraPio mécht vill kierperlech Verännerunge mat a versicht sech och iwwer säi Kierper ze definéieren. A sengem Alter ass hien domadder besonnesch ufälleg fir Risikoverhalen (Alkohol, Drogen, Sexualitéit, Iessstéierungen, Muttprouwen, asw.). Wat zu engem gesonde Liewensstil gehéiert, gëtt iwwer eis Aktivitéiten net nëmmen thematiséiert, mee dëst gëtt och aktiv gelieft. De Chef huet hei eng wichteg Virbildfunktioun. An der CaraPio-Zäit kann de Jonken, an engem séchere Kader, seng kierperlech Fäegkeeten a Grenze kenneléieren an ausbauen (am Spill, beim Kachen, um Hike, beim Schaffen, asw.). Hien entwéckelt gläichzäiteg e Gefill fir Geforen an definéiert seng kierperlech Limitten ëmmer erëm nei.

**De Geescht**

*„D'Fäegkeet entwéckele fir Informatiounen opzehuelen, se ze hannerfroen a Schwieregkeeten ze erkennen. Argumentéieren a kreativ op nei Situatioune reagéiere kënnen."* De Jonke sicht permanent no neien Erausfuerderungen – bei de CaraPio kann hien eegen Iddien ëmsetzen an aus dësen Erfarunge räifen. Hie kann eegestänneg Schwieregkeeten erkennen, Situatiounen aschätzen a raisonnabel Entscheedungen huelen. An der

Ekipp kritt hie Raum gebuede fir seng eege Meenung auszedrécken. De CaraPio kritt e Gefill Fakten an Informatioune kritesch ze hannerfroen, fir sech esou e Gesamtbild vun enger Situatioun ze maachen. Hie begrënnt Entscheedungen a steet spéider och fir dës an. Eis Aktivitéite bidden dem CaraPio reegelméisseg d'Méiglechkeet, sech ze informéieren, sech matanzebréngen a bei wichtegen Themen seng Positioun ze fannen.

Beim Bilan, deen no all Aktivitéit gezu gëtt, léiert de CaraPio ze analyséieren, selwer oppen a konstruktiv Feedback ze formuléieren a mat Kritik ëmzegoen. Gläichzäiteg bitt de Bilan awer och Raum fir Luef a weist dem CaraPio, wat hien duerch déi gemeinsam Aktivitéite bäigeléiert huet.

**D'Gefiller**

*„Seng eege Gefiller wouerhuelen a léieren se ugepasst auszedrécken, fir den ënnerlechen Ausgläich ze fannen."*

De CaraPio léiert op déi eegen an dem géigeniwwer seng Gefiller Récksiicht ze huelen. Hien ass sech bewosst, datt Gefiller sech am CaraPio-Alter ënnerschiddlech entwéckelen a vu Persoun zu Persoun verschidde sinn. Esou passt hien och op seng mental Gesondheet op a weess, wéini een eng Grenz zéie soll.

Bei de CaraPio soll jiddweree matschwätze kënnen. D'Decisioune ginn zesumme geholl. Op den Austausch vu verschidde Meenungen, Opfaassungen an Erfarunge gëtt grousse Wäert geluecht an et gëtt zesummen no Léisunge gesicht. Iwwer d'Gefiller, déi bei esou Entscheedungsprozesser entstinn, gëtt sech oppen ausgetosch. Dobäi léiert de CaraPio den demokratesche Prozess ze acceptéieren.

**Dat Soziaalt**

*„Verstoen, datt een zesumme méi erreeche kann ewéi eleng an dobäi déi néideg sozial Fäegkeeten ze entwéckelen, fir besser zesummenzeliewen."* D'Responsabilitéitsgefill vum CaraPio gëtt duerch d'Entreprise gefuerdert an de Gruppegeescht gëtt an der Trupp gestäerkt. De CaraPio

befënnt sech altersbedéngt - an onofhängeg vum Geschlecht - an engem Individualisatiounsprozess. Dat ënnerschiddlecht Verhale vun all eenzel CaraPio ass ze respektéieren, soulaang et konstruktiv ass. De CaraPio léiert sech aktiv an der Gesellschaft ze engagéieren a sech fir säin Ëmfeld anzesetzen. Dobäi ginn d'Wäerter aus dem Guiden- a Scoutsgesetz a besonnesch d'Toleranz an d'Hëllefsbereetschaft aktiv gelieft.

**Dat Spirituellt**

*„Sech mam Glawen oder de Positioune vun anere Mënschen auserneesetzen a seng perséinlech philosophesch, respektiv reliéis Richtung fannen a liewen. Aner Richtunge respektéieren."* De Jugendlechen am CaraPio-Alter setzt sech bewosst mat senger Perséinlechkeet a senger Liewensastellung auserneen. Dofir soll de CaraPio d'Méiglechkeet kréien, sech mat sech selwer a mat sengem Ëmfeld oppen auserneenzesetzen. De Glawen an d'Spiritualitéit sollen dem CaraPio hëllefen, en Zil an eng ënnerlech Stäip a sengem Liewen ze fannen. Wärend dëser Entwécklung kann de Chef dem CaraPio eng Ënnerstëtzung bidden.

## Symbolesche Kader

Eng ganz Rëtsch Motiver, Leetspréch, Ritualer a Gesten - vun deenen d'Bedeitung iwwer déi reng Perceptioun vum Objet erausgeet - bilden de symbolesche Kader. Dësen ass néideg, fir de CaraPio d'Gefill ze ginn, zu de CaraPio, der lokaler Grupp an dem weltwäite Guiden- a Scoutsmouvement dozouzegehéieren. Verschidde Symboler sinn en lerwen aus der Guide- a Scoutsgeschicht, anerer sinn an der Trupp nei entstanen. Déi eng gi weltwäit verstanen, déi aner si spezifesch fir d'CaraPio.

Dëse symbolesche Kader déngt de CaraPio an de Chef als Orientéierung an als Repère op hirem Wee zu sech selwer an zum Erwuesseginn. D'Guiden a Scoute gebrauchen dës Symboler net

als Deko - oder well et schonn ëmmer esou war -, mee well se dem Jonken eng Ënnerstëtzung solle sinn a bei geneeëm Hikucke méi en déiwe Sënn hunn. Dës Symboler...

- materialiséieren eis Wäerter an iwwersetzen dës a konkret Gesten,
- bauen tëschemënschlech Brécken, well een se mam Géigeniwwer deelt,
- stäerken den Teamgeescht,
- a markéiere siichtbar Etappenziler um Wee vum Jonken.

An der CaraPio-Branche erweidert sech de symbolesche Kader ganz besonnesch ronderëm de perséinleche Fortschrëtt an d'Abenteuer „Liewen".

**D'Branche CaraPio**

Den Numm CaraPio setzt sech aus de Wieder „Caravelle" a „Pionéier" zesummen. D'Caravellë ware Seegelschëffer mat zwee bis véier Masten, déi eng entscheedend Roll bei den Entdeckungs-, Fuerschungs- an Handelsreesen am 14. bis. 16. Joerhonnert gespillt hunn. D'Pionéier am Militär sinn Zaldoten, déi d'Missioun hunn, de Wee fir déi aner Truppe virzebereeden. Dovun ofgeleet gi Leit als Pionéier bezeechent, déi e Virreider op engem Gebitt sinn an als éischt eppes an deem Beräich probéiert hunn. Dës zwee Begrëffer sti fir de Programm bei de CaraPio. Déi Jonk wëllen a sollen Neies entdecken, Abenteuer erliewen, hir Grenzen iwwerwannen an hiren Horizont erweideren. Dëst mam Zil, sech selwer an hir Matmënsche weiderzebréngen. Hir Aktiounen si méi wéi just rengen Amusement. Si hannerloosse Spueren a wichteg Erfarungen. Fir déi jonk Branchë sollen si Virbild sinn a Fantasien erwächen.

**D'Caravelle**

Mat der Caravelle, déi all CaraPio schonn op senger Montée kritt, mécht hie seng ganz Karriär an der neier Branche. D'Caravell erënnert hien un déi grouss Rees, op där hien ass, d'Rees zum

Erwuesseginn. Hie muss elo éischt Entscheedungen, déi seng Zukunft beaflossen, selwer treffen a sech eegen Ziler setzen. Dofir muss hie léieren, um grousse Waasser ze fueren a sech op nei Erausfuerderungen anzeloossen. Et ass fir de CaraPio e ganz perséinleche Parcours an et ass net ëmmer einfach, fir dem Jonke seng Caravelle ze navigéieren. De CaraPio ass awer net eleng u Bord a kann op d'Ënnerstëtzung vu senger Crew, senger Ekipp a sengem Chef zielen. Säin eegene Wee tëschent Fräiheeten an Exigenzen ze fannen, ass schwéier. Dofir muss dësen duerch Erwuessener markéiert a begrenzt ginn. Si sinn d'Liichttierm op de Plazen, wou d'Fueren an d'Vue schwéier gëtt. Dofir ass et wichteg, e motivéierten a räife Chef ze hunn.

Op senger Caravelle kënnt de Jugendlechen a Situatioune vun der Fräiheet, dem Ofwaarden, dem Kämpfen, dem Weiderkommen an dem Feieren - konstant Elementer aus dem mënschleche Liewen.

**D'Seegelen**

D'Seegelen, déi de CaraPio sech setzt, andeems hien e perséinleche Projet ëmsetzt, sollen him hëllefen, fir an zukünftege schwéiere Passage besser virunzekommen. Engersäits léiert de CaraPio duerch déi zousätzlech gesammelt Erfarunge besser a méi séier op nei Situatiounen ze reagéieren - och wann hien eemol kee Réckewand vu senge Kolleegen oder senger Famill huet. Anerersäits kann hie seng Seegelen esou setzen, fir entleeë Plazen aus sengen Interessien unzesteieren an ze erfuerschen.

**D'Wandrous**

Huet de CaraPio seng Seegele gesat, mat sengen Ziler virun Aen, a fillt hie sech prett fir am grousse Waasser ze navigéieren, dann ass fir hien de Moment komm, fir seng Wandrous unzefroen. De groussen no uewe geriichte Feil symboliséiert, datt de CaraPio säi Wee fonnt huet an datt hie prett ass, dorop hinzesteieren. A schwieregen Zäite soll d'Wandrous de CaraPio genee un dëse Wee, säin Engagement a säi Wëllen dohinzekommen erënneren.

### De Pionéiergeescht

E Pionéier muss op senger Missioun neien Terrain entdecken, ënner schwierege Konditiounen dat bescht aus der Situatioun eraushuelen an dobäi de Wee fir seng Komeroden, déi hannendru kommen, virbereeden. Pionéiergeescht ass eng Astellung - genee esou Missiounen -, déi een encouragéiert vu sech aus ze woen, ze plangen an duerchzezéien. Eng Erausfuerderung sichen, déi iwwer den direkten Eegennotz erausgeet an dës bis zum Enn duerchzezéien, sou kann een et och nach ausdrécken. D'CaraPio déi eng Entreprise plangen an duerchzéien, déi dëser Haltung entsprécht, solle mam „Pionéiergeescht" ausgezeechent ginn.

## Aktivitéiten

D'Aktivitéite sollen ofwiesslungsräich an erausfuerderend sinn, esou datt si en Challenge fir de CaraPio duerstellen an dësen a senger Entwécklung weiderbréngen. D'Iddie fir d'Aktivitéite sollen haaptsächlech vun de CaraPio kommen, woubäi de Chef oppasst, datt dës altersgerecht a sécher kënnen ëmgesat ginn. Déi verschidden Aktivitéite bei de CaraPio sinn:

### Versammlung

Wärend dem Joer maachen d'CaraPio reegelméisseg Versammlungen. Si bilden e festen a reegelméissege Bestanddeel vum Truppeliewen. D'Versammlunge bilden den zäitleche Kader fir Entreprisen ze organiséieren an duerchzeféieren. Si fannen och oft dobausse statt. Zesumme mat der Chefekipp leeën d'CaraPio am Ufank vum Joer d'Reegele fest, déi néideg sinn, fir ee konstruktiivt a produktiivt Zesummeschaffen an de Versammlungen.

### Entreprise

D'Entreprise bei de CaraPio ass en eegestännege Projet, eng zesummenhänkend Aktivitéit iwwer e puer Versammlungen, mat

engem kloren Ufank an engem Enn. Si ass e wichtegen Deel vun der CaraPio-Method.

### Sortie vun engem Dag

Am Joer gi reegelméisseg gréisser Aktivitéiten an der Trupp oder an den Ekippen ënnerholl. Dës Sortien dauere méi laang wéi eng normal Versammlung a sinn ausserhalb vum normale Kader, an deem d'Trupp sech trëfft. Eng Sortie kann am Kader vun der Entreprise stattfannen (z.B. den Ofschloss) oder och een eegestännegt Evenement sinn. Eng Sortie kann och am Grupp realiséiert ginn z.B. Visitten, Theater, Basar, Buergbrennen a Botzaktiounen.

### Hike

Den Hike ass e feste Bestanddeel vun eiser Method a ka verschidde Formen unhuelen. Oft ginn et ënnerwee Statioune mat verschiddenen Challengen, mee e ka grad esou gutt op engem Weekend oder op engem Camp sinn. Den Hike bitt Erliefnisser an der Natur an an der Ekipp, hält Kierper a Geescht fit, a bitt och de Kader fir eng Iwwernuechtung op méi ongewinnte Plazen.

### Weekend

D'Weekender sinn en elementaren Deel vum Guiden- a Scoutsjoer bei de CaraPio. Si forméieren d'Liewen an der Trupp a schweessen déi Jonk zesummen. An der Reegel iwwerhëlt de CaraPio konkret Chargë beim Plangen, der Organisatioun an der Ausféierung vum Weekend. Dëse bitt eng flott Méiglechkeet, esouwuel den Truppegeescht ze stäerken, wéi och flott Aktivitéiten a Visitten ze erliewen.

### Camp

De Camp ass den Highlight vum Guiden- a Scoutsjoer. Dësen huet als Zil, de CaraPio d'Méiglechkeet ze ginn, dat wat si wärend dem Joer geléiert hunn, an der Praxis ze liewen, d'Scoutstechniken

ëmzesetzen an d'Trupp weider zesummenzeschweessen an dem Drang no Abenteuer nozekommen.

De Camp, an déi domat verbonnen Aktivitéite sollen ofwiesslungsräich sinn, esou datt de CaraPio wärend senger Karriär vill verschidden Erfarunge maache kann. Grad esou wichteg ass et, datt de CaraPio d'Méiglechkeet kritt, un engem oder méi Auslandscampen deelzehuelen. En Gros ginn et 3 Grondforme vu Campen, déi och kënne matenee kombinéiert ginn: Den organiséierten internationale Camp/Jamboree, de Camp-Volant an de Camp fixe am In- oder Ausland.

Esou wéi och schonns um Weekend iwwerhëlt de CaraPio konkret Tâchë beim Plangen an der Organisatioun vum Camp. Dozou gehéiert och, datt hien dat wichtegst Campmaterial kontrolléiert a kennt, a seng Scoutstechniken a Versammlunge festegt. All CaraPio soll bei der Ausféierung vum Camp Chargë kréien, déi sengem Charakter, sengem Interessi a senge Méiglechkeeten entspriechen.

De Camp bitt dem CaraPio vill Abenteuer an Erausfuerderungen. De CaraPio erlieft hei eng flott a ganz intensiv Zäit mat gläichaltrege Jongen a Meedercher, déi hie kierperlech, geeschteg a sozial erausfuerderen an och vläicht emol Iwwerwannung kaschten. De CaraPio muss sech op Neies aloossen a säi perséinleche Komfort zeréckschrauwen, fir datt d'Liewen an der Trupp ëmsou besser funktionéiere kann. All dëst gehéiert zum Léierprozess dozou, deen de Camp bitt. Dofir ass et wichteg, datt de Chef bei eventuelle Konflikter, déi op engem Camp entstoe kënnen, Fangerspëtzegefill beweist, esou datt dat gemeinschaftlecht Erliewen net gestéiert gëtt.

### Aktivitéiten am Grupp

D'CaraPio huelen och un Aktivitéite vun hirem Grupp deel. Als déi „Grouss" hunn si hei eng wichteg Roll als Virbild. Dës Aktivitéite kënnen en attraktive Kader bidden, dem CaraPio eenzel Chargen

a Responsabilitéiten ze iwwerdroen. Dës solle si an hirer Ekipp plangen an ausféieren.

### Regional Aktivitéiten

D'Zil vun de Regionalekippen ass et, de Kontakt an d'Zesummenaarbecht tëschent de lokalen Truppen ze stäerken. Dëst erméiglecht e wichtegen Austausch vun Iddien a besonnesch och vu Ressourcen.

D'Regionalekippe bilden esouwuel fir d'CaraPio, wéi och fir d'Chef en interessante Kader fir Kontakter mat aneren Truppen aus der Regioun ze knäppen. Déi regional Komponent vereinfacht dobäi d'Zesummenaarbecht duerch kuerz Weeër a fërdert Kontakter tëschent de CaraPio an hire Chef. D'Regionalekippe sinn och eng Geleeënheet - ganz besonnesch fir méi kleng Truppen a Chefekippen - u gréisseren Aktivitéiten, Weekender oder Campe kënnen deelzehuelen.

### National Aktivitéiten

Iwwer regional Aktivitéiten eraus, ginn et och national Aktivitéiten. D'CaraPio-Ekipp offréiert de Kader fir eng oder méi national Aktivitéite fir all d'CaraPio aus dem Land. D'Zil vun esou Aktivitéiten ass:

- ➜ Den Austausch tëschent de CaraPio an d'Knäppe vun neie Frëndschaften.
- ➜ D'Offer vun Aktivitéiten, déi net onbedéngt selwer mussen organiséiert ginn.
- ➜ Eng Virbildfunktioun, fir ze weisen, wéi esou eng Aktivitéit oflafe kann.

Do dernieft gi reegelméisseg national Campen am Ausland fir d'CaraPio vun den LGS organiséiert.

## Ekippesystem

Bei de CaraPio gëtt an Ekippe geschafft, fir datt d'Entreprisen an och aner Aktivitéiten a klenge Gruppe realiséiert kënne ginn. Eng Ekipp gëtt am Prinzip fir d'Dauer vun enger Entreprise opgestallt. Ass dës Entreprise eriwwer, dann ergi sech fir déi nei Entreprisen erëm nei Ekippen. All Ekipp gëtt vun engem Ekipperesponsabel geleet, deen déi Jugendlech ënnert sech selwer bestëmmen. Seng Missioun ass et, d'Ekipp intern ze koordinéieren. Hien ass Uspriechpartner fir de CaraPio-Chef.

Duerch d'Iwwerhuele vun der Roll als Ekipperesponsabel léiert de CaraPio am sécheren Ëmfeld vu senger Trupp, wat et heescht, Responsabilitéit ze droen. Hie gëtt sech esou de Flichten an der Wichtegkeet vu senger Roll Schrëtt fir Schrëtt bewosst a léiert gläichzäiteg, wéi wichteg eng gutt Kommunikatioun innerhalb vun der Ekipp ass.

D'Ekipp deelt sech d'Chargen (Planung, Logistik, Budget, Transport, asw.) esou op, datt all CaraPio ënnerhalb vun der Ekipp eng kloer a konkret Roll iwwerhëlt. De Chef hëlleft dobäi, datt de CaraPio net ëmmer déi selwecht Roll bei all Entreprise iwwerhëlt a fuerdert esou, datt hien iwwer déi dräi Joer an der Branche d'Méiglechkeet kritt, sech a ville Beräicher weiderzëentwéckelen. Gläichzäiteg suergt hien och dofir, datt d'Chargë mat Beduecht verdeelt gi fir ze verhënneren, datt d'CaraPio mat hirer Charge iwwerfuerdert sinn oder bloussgestallt ginn.

Et ass wichteg, fir iwwer den Ekippesystem an der Entreprise, de Jugendlechen d'Méiglechkeet ze ginn, eegestänneg ze schaffen, e Responsabilitéitsgefill ze entwéckelen a sech hire Fortschrëtter bewosst ze ginn. A klenge CaraPio-Gruppe kann och mat just enger Ekipp awer nom selwechte Modell geschafft ginn.

## Learning by doing

De CaraPio soll seng eege Grenze kenneléieren. Oft kann ee méi maachen, wéi een dat selwer vu sech mengt. De Motto bei de CaraPio heescht also „Fuer duer". Duerch d'Method vum "Léieren duerch d'Selwermaache" grad ewéi der Méiglechkeet, och emol Feeler ze maachen an dorausser ze léieren, schaaft een dem Jugendlechen den néidege Fräiraum fir seng Iddien auszebauen a se duerno bei den LGS an engem séchere Kader kënnen ze realiséieren. De „Learning by doing" soll also d'Méiglechkeet bidden, wichteg Erfarungen um Wee zum Responsabelen ze sammelen.

Dobäi soll de CaraPio selbstständeg Entscheedungen treffen a Verantwortung fir säin Handelen iwwerhuelen. Wärend dem „Learning by doing" ass et wichteg, datt de CaraPio dat Erlieften hannerfreet. Dëst erméiglecht dem CaraPio ze gesinn, wat geklappt huet a wat net. Domat kann hie sech weiderentwéckelen.

**Learning by doing duerch d'Entreprise**

Dee beschte Wee fir dem CaraPio „Learning by doing" méi no ze bréngen, ass d'Entreprise.

D'Entreprise soll Spaass maachen a gläichzäiteg dem CaraPio erméiglechen, eppes bäizeléieren. Iwwer d'Joer sollen e puer Entreprisë realiséiert ginn, fir dem CaraPio et ze erméiglechen, an de verschiddene Beräicher vu senger perséinlecher Entwécklung weiderzekommen.

Am Sënn vum Ask the boy/Ask the Girl wielen d'CaraPio d'Thema vun der Entreprise selwer eraus. Si setzen d'Ziler dovu fest a plangen déi eenzel Etappe vun der Ëmsetzung. Duerch d'Entreprise soll de CaraPio d'Méiglechkeet kréien, zesumme mat senger Ekipp eegen Iddien ze plangen, auszeschaffen an ze realiséieren. Hei bidden d'CaraPio de Jonken eng eenzegaarteg Chance fir sech - fort vu Schoul a Famill - mat senge Frënn fräi entwéckelen ze kënnen. Bei der Entreprise ginn d'Chargen

a d‘Responsabilitéiten esou verdeelt, datt all CaraPio e kloer definéierten Optrag an Aufgaben huet, déi hien ausschaffen a realiséiere kann.

D‘Entreprise huet e kloren Ofschloss a verleeft net am Sand. Um Enn vun der Entreprise gëtt e Bilan gemaach, fir ze kucken, wat gutt a wat manner gutt gelaf ass an eng aner Kéier ka verbessert ginn. Falls et emol bei enger Entreprise virkënnt, datt dat Zil, wat gesat gouf, einfach net ze erreechen ass, muss den Ofbroch kloer definéiert ginn. Och hei ass et wichteg, e Bilan ze maachen, fir ze kucken, wat schif gelaf ass a firwat. D‘Sécherheet an d‘Wuelbefanne vun de CaraPio steet heibäi ëmmer un éischter Stell.

## Participatioun

An de CaraPio geet et drëms, dem B.P. saïn Ask the boy/Ask the Girl voll auszeliewen. Esou stinn Abenteuer an Erliefnesser am Fokus. „Fuer duer, organiséiert eppes, maacht eppes, start eng, zesumme mat äre Frënn“ ass de Motto vun de CaraPio. D‘Participatioun ass deemno de roude Fuedem an dëser Branche, an där d‘Autonomie an d‘Selbstbestëmmung am Grupp staark gefuerdert gëtt.

**Matschwätzen**

An de CaraPio gëtt grousse Wäert dorop geluecht, datt all CaraPio a verschiddene Beräicher matschwätze kann, esouwuel bei der Wiel a Virbereedung wéi och beim Duerchzéie vun den Aktivitéiten. Zum Matschwätze gehéiert et, seng kritesch a konstruktiv Meenung anzebréngen. No all Aktivitéit maachen d‘CaraPio e Bilan, fir sech auszetauschen, wat gutt gelaf ass, wat e Succès war, a wat een hätt kéinten anescht oder besser realiséieren. Hei ass et wichteg, datt et beim Bilan net ëm eng Nott geet, mee ëm e wichtegen Austausch, deen de Léierprozess ëmmer erëm weider dréinen deet. Dobäi soll all CaraPio sech aktiv bedeelege kënnen. D‘Chef begleeden de Prozess.

**Matgestalten**

D'Iddi vun der aktiver Matgestaltung soll progressiv opgebaut ginn. Den neie CaraPio, dee manner Erfarung an der Organisatioun huet, kritt vun deene méi erfuerene CaraPio oder vum Chef ënnert d'Äerm gegraff. Wichteg ass et awer och, datt d'Erfarungen an dat Geléiert ausserhalb vun de Guiden a Scoute bei den Entreprisë mat erafléissen an eng Wäertschätzung fannen. Esou bidden d'Guiden a Scouten e Kader, wou d'Kënnen aus aneren Hobbyen an Interessie mat erafléissen a weiderentwéckelt ginn. Beim Matgestalte spillt och den Ekippesystem eng wichteg Roll. Iwwer eng kloer an transparent Opdeelung vun de Responsabilitéiten a Chargë vun der Entreprise gëtt sécher gestallt, datt all CaraPio aktiv matgestalte kann.

**Matbestëmmen**

De CaraPio sicht mat senger Trupp zesummen eng Entreprise déi si ëmsetze wëllen. Duerno ginn ënnert de CaraPio déi eenzel Rollen a Responsabilitéite verdeelt. Dobäi ass de CaraPio sech bewosst, wat seng Stäerkten a Fäegkeete sinn, mee hie muss sech awer och reegelméisseg neien Erausfuerderunge stellen. Mat duerchduechten a responsabelen Decisiounen, déi vum Chef begleet an duerno och vun der ganzer Ekipp gedroe ginn, kënnt hien zu engem gudde Resultat.

## Verspriechen

Änlech wéi bei anere Branchen, leet de CaraPio säi Verspriechen of, fir duerno een Engagement anzegoen. Nodeems de CaraPio éischt Erfarungen an der neier Branche gemaach huet, kann hie géint Enn vum éischte Joer selwer d'Entscheedung huelen, fir säi Verspriechen ofzeleeën. De CaraPio soll sech dem Sënn vu sengem zukünftegen Engagement bewosst sinn, dëst op individuellem Niveau, op gesellschaftlechen Niveau a vis-à-vis vu senger Spiritualitéit, esou wéi de B.P. eis et mat den dräi „Duties" mat op de Wee ginn huet. Andeems de CaraPio säi Verspriechen

ofleet, erkennt hien och d'Wäerter un, déi duerch d'Guiden- a Scoutsgesetz verkierpert ginn.

Opbauend op der Basis vum LGS Guiden- a Scoutsverspriechen, inspiréiert vun der weltwäiter Verbonnenheet vun de Guiden a Scouten iwwer hiert gemeinsaamt Verspriechen, schafft de CaraPio säi perséinleche Verspriechenstext aus, deen op den dräi „Duties" berout a sech zum Guiden- a Scoutsgesetz bekennt. Virum Verspriechen huet de CaraPio en oppenen Austausch mat engem vu senge Chef, mat deem hie sech iwwer d'Bedeitung vu sengem Verspriechen austauscht. De Kader vun der Verspriechensfeier gëtt esou gewielt an organiséiert, datt d'Verspriechen e memorabele Moment fir de CaraPio duerstellt a feierlech ass. Dat perséinlecht Engagement, dat aus dem Verspriechen ervirgeet, hëlleft dem CaraPio säi Wee a seng Richtung am Liewen ze festegen.

Eng Orientatioun fir d'Chef ass dat offiziellt Guiden- a Scoutsverspriechen nom Baden-Powell. Dat ass ëmmer baséierend op den dräi „Duties" - esou wéi och d'Versprieche vum Verband vun de Lëtzebuerger Guiden a Scouten:

**Ech verspreche**
Verantwortung vis-à-vis vu mir,
menge Matmënschen a menger Ëmwelt ze iwwerhuelen,
meng perséinlech Spiritualitéit weiderzëentwéckelen
an nom Guiden- a Scoutsgesetz ze liewen.

D'Guiden- a Scoutsgesetz ass:

**Eng Guide / E Scout**
ass zouverlässeg
ass éierlech a fair
ass bereet ze hëllefen
ass gutt zu all Mënsch
mécht den éischte Schrëtt a setzt sech a fir Gerechtegkeet
respektéiert d'Liewen an all senge Formen
kann nolauschteren a Kritik erdroen

huet eng positiv Liewesastellung
ka sech organiséieren a mécht näischt hallef
hält sech kierperlech a geeschteg gesond

**Wandrous**

Eng bedeitend Etapp vum perséinleche Fortschrëtt vum CaraPio bitt duerno awer och d'Wandrous. Dës erméiglecht him, sech selbstreflektéierent iwwer d'Konsequenze vu sengem Engagement, dat hie beim Verspriechen agaangen ass, bewosst ze ginn. Um Enn vu senger CaraPio-Zäit analyséiert de CaraPio, d'Zäit an d'Engagement, dat hie säit dem Ofleeë vu sengem Versprieche verbruecht huet. Duerno hëlt hien d'Decisioun, ob hie beschtméiglech nom Guide- a Scoutsgesetz gelieft huet. Heiraus zitt hie säi perséinleche Bilan. Dobäi däerf een net aus den Ae verléieren, datt de Jonken sech natierlech och mat der Zäit weiderentwéckelt a Fortschrëtter gemaach huet. Doduerch kënnen d'Objektiver, déi aus sengem Verspriechen ervirgaange sinn, entre-temps duerch Neier ersat gi sinn. Dëst ass am Sënn vum perséinleche Fortschrëtt, wann déi Entwécklung positiver Natur ass. Am symbolesche Kader vun de CaraPio bedeit d'Wandrous „d'Richtung fannen", also eng Hëllef fir am Liewen säin eegene Wee ze fannen.

No dëser Reflexioun féiert de CaraPio e perséinlecht Gespréich mat engem Chef. Dëst Gespréich soll dem CaraPio hëllefen, erauszefannen, ob hie sech bereet a wierdeg spiert, d'Wandrous iwwerreecht ze kréien an esou säin Engagement unerkannt ze kréien a weiderzeféieren.

## Rewarding system

**Perséinleche Fortschrëtt**

**D'Caravelle - Montée**

Fir déi Jonk ass den Iwwergang vun enger Branche an déi aner eng grouss Erausfuerderung. Si verloossen hir al Kolleegen a

Chef aus den Avex a mussen sech an enger neier CaraPio-Trupp erëmfannen. Aus den „Alen“ ginn nees déi „Nei“. Bei de CaraPio ginn si mat enger neier Form vun Autonomie a Verantwortung konfrontéiert. All dëst an engem Alter, wou si souwisou scho vill Verännerunge matmaachen. Dëse Passage an d‘CaraPio ass däitlech markéiert duerch d‘Montée.

D‘Montée ass de Moment, an deem déi nei CaraPio feierlech an der bestoender Trupp opgeholl ginn a weist gläichzäiteg all neie CaraPio, datt hien elo um Wee ass „grouss“ ze ginn. Dofir kritt de CaraPio um Ofschloss vun der Montée feierlech seng Caravelle iwwerreecht. Dës visualiséiert de CaraPio, datt si an der neier Branche op Entdeckungsrees vu sech selwer an hirer Ëmwelt fuere sollen.

**D‘Seegelen - Perséinleche Fortschrëtt**

De perséinleche Fortschrëtt - ugefaange bei der Montée - huet bei de CaraPio eng zentral Bedeitung, well déi Jonk an dëser Zäit zu selbstbewossten, responsabelen, autonomen an engagéierte Perséinlechkeeten eruwuessen. Gläichzäiteg wiisst awer och d‘Trupp un de Perséinlechkeeten an de Fäegkeete vun de CaraPio.

D‘Matschwätzen, d‘Matgestalten an d‘Matbestëmme gëtt bei den Entreprisen an den Aktioune vun de CaraPio geziilt gefuerdert. Doduerch gëtt net nëmmen den Ekippegeescht gestäerkt, mee et ginn och ganz perséinlech Bedürfnisser vun de CaraPio befriddegt. De perséinleche Fortschrëtt ass ganz enk mam Liewen an der Trupp verbonnen, awer jiddwer CaraPio ass a senger Entwécklung ganz individuell. Aus dësem Grond soll all CaraPio a senger CaraPio-Zäit d‘Méiglechkeet hunn, sech eegen Ziler ze setzen an dës duerch perséinlech Projeten ze erreechen: Dëst sinn d‘Seegelen, déi de CaraPio setzt, fir seng perséinlech Entwécklung virunzedreiwen. D‘Seegele kann de CaraPio an engem vun de proposéierten Theme maachen, oder awer säi perséinlecht Thema formuléieren. De CaraPio soll all Joer mindestens ee Seegel setzen. Dës Seegele kënnen

entweder am Kader vun normale Guiden- a Scoutsaktivitéiten ëmgesat ginn oder awer ausserhalb vun de Guiden a Scouten.

D'Chefekipp steet dem eenzele CaraPio an de verschiddene Phase vu sengem Projet zur Säit a wäert dës um Schluss mat him aus. D'Duerchféierung vum Projet an deem domat verbonnene perséinleche Fortschrëtt gëtt duerch e materialiséiert Seegel visualiséiert, dat dem CaraPio an engem feierleche Moment duerch seng Chefekipp iwwerreecht gëtt.

**D'Wandrous - Säi Fortschrëtt reflektéieren**

Fréistens no zwee Joer an nodeems de CaraPio säin Engagement agaangen ass, huet hien d'Méiglechkeet, d'Wandrous ze maachen. D'Wandrous weist, datt de CaraPio mat der Richtung vu sengem perséinleche Fortschrëtt averstanen ass.

Fir dëse wichtege Schratt ze maachen, analyséiert de CaraPio an enger éischter Phas déi Zäit, déi säit senger Montée vergaangen ass. Konkret reflektéiert de CaraPio d'Erfarungen, déi hien a senger CaraPio-Zäit gemaach huet, seng perséinlech Seegelen, déi hie sech gesat huet an d'Engagement, dat hien duerch säi Verspriechen agaangen ass. De CaraPio denkt doriwwer no, ob a wéi hien op sengem Liewenswee weiderkomm ass an ob hie säin Engagement gelieft huet. Et kann awer elo sinn, datt dem CaraPio déi Objektiver, déi hie sech beim Engagement gesat huet, net méi duerginn oder datt hien aneren Objektiver nogeet. Och dëst ass am Sënn vum perséinleche Fortschrëtt ze gesinn a soll an dem CaraPio seng Analys mat erafléissen.

No dëser perséinlecher Reflexioun féiert de CaraPio och e perséinlecht Gespréich mat engem vu senge Chef. Dëst erméiglecht dem Jonken, d'Bild, dat hie vu sech selwer huet, mat engem externe Point-de-vue ze vergläichen an esou zu enger realistescher Aschätzung ze kommen. Dobäi ass et wichteg, datt de Chef net bewäert, mee objektiv vis-à-vis vum CaraPio bleift – de Chef ass Mentor, awer kee Riichter. Dëst Gespréich soll dem CaraPio hëllefen, erauszefannen, ob hie sech bereet

spiert, d'Wandrous unzehuelen an esou säi Fortschrëtt a säin Engagement unzëerkennen a weiderzeféieren.

**Pionéiergeescht**

De Badge vum Pionéiergeescht ass eng national Auszeechnung fir CaraPio, déi eng aussergewéinlech Entreprise duerchgefouert hunn. Dofir muss se exemplaresch, esouwuel vun der Iddi, ewéi och vun der Duerchféierung gewiescht sinn.

D'Iddi vun der Entreprise ass originell, gewot a virbildlech. D'CaraPio kënnen doduerch Neies entdecken a si gi kierperlech oder mental erausgefuerdert. Aner CaraPio kënnen sech un dëser Entreprise inspiréieren.

D'CaraPio hu wärend der Duerchféierung vun der Entreprise d'Prinzippie vun den LGS an der CaraPio-Method respektéiert a beschtméiglech an der Praxis gelieft. D'Entreprise ass erfollegräich ofgeschloss ginn.

**Weltscoutëmweltbadge**

Fir den Engagement an enger Entreprise, déi d'CaraPio am Beräich vum Naturschutz oder der Nohaltegkeet realiséiert hunn, unzëerkennen, ass de Weltscoutëmweltbadge eng zousätzlech Unerkennung. Mat deem Badge kritt de CaraPio d'Unerkennung, datt hie sech an eng gewësse Problematik ronderëm d'Ëmwelt erageschafft huet, an duerch seng Entreprise d'Welt e bësse besser hannerlooss huet, ewéi hie se virfonnt huet.

Um Enn vu senger CaraPio-Zäit, ier hien an d'RaRo wiesselt, kritt de CaraPio bei enger Feier vu senger Trupp a sengem Chef Äddi gesot. Iwwer d'Entreprisen, déi hie mat ausgefouert huet an iwwer d'Wandrous, déi him gehollef huet, säin Engagement ze festegen, huet hien Unerkennung vu deem, wat hien a senger Zäit als CaraPio geléiert huet a gesäit esou, datt hie prett ass, fir déi lescht Branche bei den LGS.

## De Chef als Begleeder

D'Roll vum Chef bei de CaraPio ass extrem wichteg, well hien ënnerstëtzt de CaraPio dobäi, säi Wee ze fannen. De Chef ass net nëmme Begleeder, mee och Vertrauenspersoun.

D'CaraPio sollen autonom a responsabel ginn – fir de Chef heescht dat, d'CaraPio sech net selwer ze iwwerloossen, mee si op dësem Wee ze begleeden a beschtméiglech ze ënnerstëtzen. All Jonken ass anescht. De Chef muss op jiddwerengem seng Entwécklung Uecht ginn. D'Roll vum Chef ass et, dofir e Kader ze schafen, an deem et fir jiddweree méiglech ass, sech ze entfalen a sech weiderzëentwéckelen.

Nolauschteren, Wäertschätzen a Virbild sinn: dëst sinn dräi Attitüden, déi de Chef a senger Roll als Erzéier muss unhuelen.

**Nolauschteren** heescht de CaraPio hir Besoinen, Iddien a Suergen héieren an eescht huelen. Et geet drëms, e Raum ze schafen, wou d'CaraPio hir eegen Iddien an Dreem kënnen ausdrécken. Fir de Chef heescht dat och munchmol seng Iddien hannen unzestellen. Nolauschteren ass fir de Chef oft den éischte Schrëtt, fir vun de CaraPio ugeholl ze ginn an eng Relatioun zu hinnen opzebauen, déi op géigesäitegem Respekt a Vertraue baséiert. Nolauschtere bedeit awer net, blannemännches de CaraPio hire Wëllen ze follegen.

**Wäertschätzen** heescht alles dofir ze maachen, datt de CaraPio am Zentrum vun all Aktioun steet. D'CaraPio-Branche lieft vun Entreprisen, Weekender, Campen an Abenteuer, mee bei all dësem geet et ëm de Jonken - a wat hien dovun dréit -, ni ëm d'Aktioun selwer. Et ass dem Chef seng Aufgab, fir déi Jonk an all Aktioun anzebannen an hinnen ze vermëttelen, datt si déi Aktioun, esou laang e séchere Kader ka gebuede ginn, matdroen. Hie begeeschtert, iwwerwaacht, koordinéiert, beréit a péckt mat un, mee mécht ni eppes eleng. De Chef suergt och dofir, datt kee sech op d'Säit gestouss fillt an, datt jiddweree seng Plaz a seng

Charge huet. Mobbing oder Ausgrenzung huet bei de CaraPio keng Plaz.

**E Virbild sinn**, heescht d'CaraPio positiv stimuléieren. Déi Jonk hu ganz verschidden Iddien, Usiichten an Erwaardunge vun der Welt, woubäi d'Guiden- a Scoutswelt sech nach emol däitlech vun hirem Alldag ënnerscheet. D'CaraPio sinn an engem Alter, andeem si op der Sich sinn a sech ausriichte mussen. Si sichen no Modeller, un deenen si sech orientéiere kënnen a suckelen dobäi enorm vill Andréck op – esouwuel positiver ewéi negativer. Dowéinst muss de Chef sech bewosst sinn, datt d'CaraPio och an him e Virbild gesinn! E gudde Chef verlaangt vu sech selwer, wat hien och vun de CaraPio verlaangt: d'Liewen no sengem Engagement an de Scoutswäerter; d'Deele vun de Liewensbedingungen (Kascht, Logis, asw.) vun der Trupp wärend den Aktivitéiten, an sech och emol d'Méiglechkeet huelen, fir no sech selwer ze kucken a seng Ressourcen erëm opzefëllen.

De Chef ass a senger Roll och responsabel, fir e séchere Kader fir déi Jonk ze schafen. Als gesetzleche Verantwortleche vun der Trupp muss hie ganz kloer Limitten a Reegele festleeën an duerchsetzen, fir de Jonken hir geeschteg a kierperlech Gesondheet ze schützen. An alle Sécherheetsfroen huet den Truppechef dat lescht Wuert a kann seng Entscheedung och transparent erklären.

E CaraPio-Chef ze sinn, heescht also bei den Aktiounen aktiv matzemaachen, ouni sech opzedrängen. De Chef kann duerch säin Awierken d'Verhale vun de Jonken ajustéieren – hie ka bremsen oder awer op de Gas drécken. Feeler zouloossen an d'CaraPio bäilafe loossen, soll hien nëmmen dann, wann d'CaraPio aus dëser Situatioun eppes léiere kënnen.

Eng aner wichteg Aufgab vum Chef ass et eng Vertrauenspersoun fir d'CaraPio ze sinn. Dofir brauch hie perséinleche Kontakt mat all de Jonken aus der Trupp, fir d'Schwieregkeeten ze erkennen an hinne weiderzehëllefen. Hien ass disponibel fir e perséinlecht Gespréich an hëlt de CaraPio do mat, wou deen a

senger perséinlecher Entwécklung steet. An der Trupp beméit de CaraPio-Chef sech drëm, Konflikter oppen a fair unzegoen, Kompromësser ze fannen, eventuell Mëssstänn ze behiewen, d'CaraPio bei der Staang ze halen an d'Ambiance an der Trupp positiv ze gestalten.

## Natur an Nohaltegkeet

D'Natur ass fir de CaraPio net nëmmen e Kader, an deem een Erfarungen an e Groussdeel vun den Aktivitéite maache kann, mee et ass ee gesamte Liewensraum, deen aktiv geschützt muss ginn, a fir deem säin Erhalen een sech als Guide a Scout aktiv asetzt.

Dëst fänkt domadder un, datt mir vill Aktivitéiten dobaussen an der Natur ënnerhuelen. Dëst erméiglecht dem CaraPio, sech mat der Natur an der Nohaltegkeet auserneenzesetzen. Heibäi léiert hien och d'Natur ze respektéieren an den Ëmweltschutz aktiv ze liewen. Et soll een déi Plaz, déi een an der Natur betrëtt esou oder besser hannerloosse wéi een se virfonnt huet.

Duerch d'Organisatioun vun Aktivitéite ronderëm d'Ziler vun der nohalteger Entwécklung léiert hien, responsabel ze denken an ze handelen. Hien erkennt, datt en als Jonken eng Verantwortung fir d'Zukunft huet, an datt hie säin Handele konsequent upasse soll, fir selwer ee positiven Impakt op d'Ziler vun der nohalteger Entwécklung ze hunn.

## Spiritualitéit

Bei de CaraPio soll ee sech mat der eegener Spiritualitéit auserneesetzen a sech och mat där vun deenen aneren austauschen. De CaraPio soll sech Zäit huele fir, an engem rouege Kader, ze spiere wou hien de Moment a sengem Liewe steet. Am oppenen Austausch mat senge Matmënsche soll hie seng perséinlech philosophesch, respektiv reliéis Ausriichtung fannen, zu där stoen an dës och kënnen oppe liewen.

Am CaraPio-Alter soll et méiglech sinn, sech u verschidde spirituell Aktivitéiten a Glawensrichtungen erunzetaaschten, ze experimentéieren a sech säin eegent Bild ze maachen. Et soll all Jonken erlaabt sinn, seng Iwwerzeegung, respektiv säi Glawen aktiv am Alldag ze liewen an derzou ze stoen. Dëst soll am géigesäitege Respekt an am Aklang mam Guiden- a Scoutsgesetz geschéien.

Eis Aktivitéite bidde Momenter, déi spirituell Erliefnesser vermëttelen an zum kriteschen Nodenken ureegen. D‘Kenneléiere vu frieme Kulturen, Liewensbedingungen an d‘Knëppe vun internationale Frëndschaften hëllefen dem CaraPio, säi Wëssen iwwer déi ënnerschiddlech Usiichten ze verdéiwen. Dëst erméiglecht dem CaraPio, säi Sënn vum Liewen ze erfuerschen. Bei spirituelle Veilléeën an Aktivitéiten an der Natur fënnt de CaraPio Zäit a Rou iwwer säi Liewen a seng Wäerter ze reflektéieren.

## Internationalitéit an Diversitéit

Fir de CaraPio ass d‘Internationalitéit an d‘Diversitéit e wichtege Fokus um Programm. Als Jugendlechen um Wee zum Erwuessene festegt hien iwwer de konkreten Austausch mat Jonken aus anere Kulturen, d‘Guiden- a Scoutswäerter vun Toleranz an Oppenheet. Hien erlieft, datt d‘Oppenheet fir d‘Diversitéit vu senge Matmënschen a seng Memberschaft an der

grousser internationaler Guiden- a Scouts-Friddensbeweegung eng grouss Beräicherung fir hie selwer an déi aner ass.

De Guidismus a Scoutismus, deen et weltwäit gëtt, baséiert zwar op deene selwechte Wäerter, mee Kulturen an Liewensgestaltunge kënnen ënnerschiddlech sinn. Dëst bitt eng eemoleg Chance fir d'Beräicherung, déi wéineg aner Jugendmouvementer bidde kënnen. Dës Ënnerscheeder kann de CaraPio am In- an Ausland duerch Echangen an Aktivitéiten zesumme mat Jonken aus anere Kulturen erliewen. Dëst sinn och Opportunitéiten, sech een oppene Geescht unzereegen a Liewenserfarungen ze sammelen. Dës Erfarunge bréngen mat sech, datt de CaraPio sech der Diversitéit tëschent de Mënschen, Kulturen a Relioune bewosst gëtt an esou ufänke kann, eng aktiv Roll fir eng méi fair, tolerant an oppe Welt anzehuelen.

Heibäi ass et d'Roll vum Chef, dem CaraPio dës Erfarungen ze erméiglechen, dëst am Echange mat Kulturen zu Lëtzebuerg a virun allem duerch international Campen oder op engem Jamboree. Dësen Austausch kann awer och emol op engem Camp oder an engem internationale Guiden- a Scoutszenter stattfannen. Hei kritt de CaraPio doriwwer eraus d'Méiglechkeet, international Guiden- a Scoutsfrëndschaften ze schléissen, déi hie beräicheren a präge wäerten an de Frëndeskrees erweideren.

## Asaz fir d‘Allgemengheet

Iwwer déi verschidden Thematike vun den Entreprisen, déi reegelméisseg och am soziale Beräich oder am Ëmweltschutz stattfannen, kann de CaraPio sech aktiv an der Gesellschaft engagéieren, andeems e sech fir méi Schwaacher oder d‘Ëmwelt asetzt. Hie kann dobäi kleng, awer konkret Aktiounen ënnerhuelen. Bei dësen Entreprisë soll de CaraPio sech iwwer d‘Ongläichheeten an der Gesellschaft an d‘Problematike vun eiser Ëmwelt informéieren.

D‘CaraPio leeschten awer och - um Weekend, op engem Camp oder op engem internationale Camp - eng B.A., déi zu enger besserer Welt bäidréit.



Methode

# RARO

RaRo

Lëtzebuerg

"Eine Schwierigkeit hört auf, eine solche zu sein, sobald ihr darüber lächelt und sie in Angriff nehmt."

Baden Powell

## Perséinleche Fortschrëtt

De RaRo ass als jonken Erwuessenen um Wee seng Perséinlechkeet ze festegen. Hien ass sech bewosst, datt hie vill bei den LGS geléiert huet, awer de Prozess vum perséinleche Fortschrëtt säi Liewe laang weiderleeft. Esou weess hien och, datt eng gesamtheetlech Approche zu der Perséinlechkeetsentwécklung bei sengem Handele wichteg ass. Dozou gehéiert ëmmer fënnef Beräicher am A ze behaalen.

Als RaRo entwéckelt hie sech a verschiddene Beräicher weider an hëlt nei Eegeninitiativen, déi dofir néideg sinn:

**De Kierper**

De RaRo lauschtert op säi Kierper a passt op dësen op, kuckt no senger Gesondheet an hält sech kierperlech fit.

De Geescht

Als jonken Erwuessene fuerdert de RaRo säi Geescht. Dobäi stellt hie sech senge Schwächten a baut seng Stäerkten aus. Hie fäert net och intellektuell Challengen unzehuelen, sech weiderzebilden a kann Aussoen a Gedanke kritesch hannerfroen. Dem RaRo ass et wichteg, datt d‘Informatiounen, déi hie brauch fir sech seng Meenung ze bilden, op Fakte baséieren, a weess, wou hie sënnvoll Informatioune kann nosichen.

**De Geescht**

Als jonken Erwuessene fuerdert de RaRo säi Geescht. Dobäi stellt hie sech senge Schwächten a baut seng Stäerkten aus. Hie fäert net och intellektuell Challengen unzehuelen, sech weiderzebilden a kann Aussoen a Gedanke kritesch hannerfroen. Dem RaRo ass et wichteg, datt d’Informatiounen, déi hie brauch fir sech seng Meenung ze bilden, op Fakte baséieren, a weess, wou hie sënnvoll Informatioune kann nosichen.

**D‘Gefiller**

De RaRo kann seng Gefiller a Wierder faassen, sech kloer ausdrécken a kann och matdeelen, wann et him net gutt geet oder him eppes net sou gefält. Hie passt op seng mental Gesondheet op, a spiert esou bal him eppes ze vill gëtt oder eppes un hie geet. Dobäi weess de RaRo, wou hie säin Ausgläich fanne kann a kennt seng Ressourcen, déi him erëm Mutt a Stäerkt bréngen.

**Dat Soziaalt**
De RaRo weess, wou seng Plaz am Clan ass a weess, wéi e sech am beschten am Clan an am Grupp abrénge kann. Nëmmen duerch d'Gemeinschaft kann de Clan seng Projete realiséieren. Esou huet all RaRo am Clan eng wichteg Roll a kuckt säin Deel derzou bäizedroen, fir datt d'Zesummeliewe bescht méiglech funktionéiert. Als jonken Erwuessenen huet de RaRo awer och e Gefill fir d'Gemeinschaft ausserhalb vu sengem Clan. Esou bréngt hie sech esou wuel als Guide a Scout, ewéi och privat bei sozialen Themen an der Gesellschaft mat an, a fuerdert Initiativen, déi fir e bessert Matenee stinn. Och an der Gesellschaft ass et wichteg, datt e sech engagéiert an iwwer d'Guiden- a Scoutsliewen eraus sech un d'Guide- a Scoutsgesetz hält.

**Dat Spirituellt**
De RaRo weist seng Akzeptanz an Toleranz vis-à-vis vun deenen aneren a steet fir seng eege Wäerter an. Bei der „Wuecht" an anere spirituellen Aktivitéite kënnt de RaRo zur Rou, reflektéiert säin eegene Liewenswee a verdéift seng Wäerter. De RaRo ka säi Weltbild vertrieden, seng Relioun oder Philosophie, déi am Aklang mam Guiden- a Scoutsgesetz stinn, aktiv ausliewen an aneren erklären. Dëst geschitt ëmmer am Respekt vun deenen aneren hirem Glawen oder atheistesche Philosophien.

## Symbolesche Kader

Duerch e symbolesche Kader gëtt et dem RaRo méi einfach gemaach, seng Plaz am Clan ze fannen an d'Method besser ze verstoen. Bei de RaRo gëtt de symbolesche Kader duerch de Clan selwer definéiert.

All Clan funktionéiert eegestänneg an huet seng Gewunnechten, Ofleef, Traditiounen a Bräich. D'Wäertschätzen an d'Ausbaue vun dëse Wuerzele sinn immens wichteg. Domat schaaft de Clan säin

eegene Kader. De RaRo ass sengem Clan verbonnen an erlieft d'Method duerch dës Gemeinschaft vu jonken Erwuessenen. Duerch déi eenzegaarteg Charakteren, déi sech am Clan abréngen, kann dësen sech formen an och mat der Zäit weiderentwéckelen. Doduerch kritt en eng authentesch Eegendynamik.

Dëst gëtt dem Jonken d'Fräiheet an senger RaRo-Zäit verschidden Aufgaben am Clan ze iwwerhuelen, duerch déi hien d'Méiglechkeet kritt, sech selwer ze fannen a weiderzëentwéckelen. Dës Fräiheet entsteet duerch de Clan, dee bei dësem Schrëtt eng wichteg Roll spillt.

## Aktivitéiten

### Versammlung

Fir d'RaRo ass et wichteg, datt et reegelméisseg Versammlungen am Clan ginn. Dës bidden Zäit an een Espace fir zesummen ze sinn an un de Projeten ze schaffen. D'Versammlunge bilden d'Basis vun der Clangemeinschaft. Bei de RaRo ass et wichteg, datt am Clan zesumme gekuckt gëtt, de beschtméigleche Rhythmus u Versammlungen ze fannen, deen et enger grousser Unzuel u RaRo erlaabt, derbäi ze sinn. Esou ginn d'Deeg an d'Auerzäite flexibel nom Clan senge Méiglechkeeten erausgesicht. Hei muss och beschtméiglechst opgepasst ginn, ob déi RaRo, déi Chef sinn, schaffen oder am Ausland studéieren.

### Projet

Bei de RaRo ginn d'Aktivitéiten ënner Projeten organiséiert. De Projet bei de RaRo ass dat, wat d'Expeditioun bei den Avex an d'Entreprise bei de CaraPio ass.

De Projet ass eng Aufgab, déi de Clan sech stellt a realiséiert. Dëse Projet gëtt vum Clan opgrond vun de Wënsch vun de RaRo an de Bedierfnesser vum Ëmfeld decidéiert. De Projet ass een Teamwork a gëtt vum Clan zesummen duerchgefouert.

Dat verlaangt vun all Clanmemberen d'Bereetschaft - senge Fäegkeeten ugepasst - Verantwortung ze iwwerhuelen. Hei ass de perséinlechen Asaz vu jiddwerengem noutwenneg. De Projet kann och eng Form sinn, fir sech mat engem Thema ausenanerzesetzen. D'Fortschrëtter op dëse Punkte mécht een net duerch Nodenken eleng, mee duerch e bewosst Austauschen, Liewen an Erliewen.

De Projet geet awer net nëmmen an eng handwierkleche Richtung. Et geet vill méi dorëms, sech an een Thema eranzeschaffen a Konsequenze fir seng eegen Haltung ze zéien.

D'Iddi vum Asaz fir anerer kënnt an de meeschte Projeten esou erëm. D'Projete ginn no enger Method geplangt. Wärend der Etapp vum Plangen iwwerhëlt - wa méiglech - all RaRo, Chargen, déi senge Fäegkeeten entspriechen oder wou hie sech dran investéiere wëll, fir datt et eng Erausfuerderung fir hie gëtt.

Wärend der Realisatioun léiert een eng oder méi nei Techniken oder et kritt een en Abléck an en neit Gebitt. Nom Projet gëllt et am Bilan iwwer dat, wat ofgelaf ass, nozedenken a Konsequenzen ze zéien. Dëst um perséinleche Plang an op deem vum Clan.

**Weekend a Camp**

Ewéi an deenen anere Branchë ginn d'RaRo op Weekender a Campen. Och hei muss flexibel no Datume gesicht ginn, fir datt méiglechst vill RaRo deelhuele kënnen. De Weekend, respektiv de Camp, gëtt a Form vun engem Projet geplangt a vun de RaRo organiséiert an duerchgefouert.

Nieft der Méiglechkeet am Clan op de Weekend oder Camp ze goen, gëtt et awer och nach eng Rei aner Offeren. Esou ginn national Weekender fir all RaRo aus dem Land organiséiert an et gëtt eng grouss Unzuel un europäeschen an internationale Campen (z.b. Roverway oder Rovermoot) fir d'RaRo. Do dernieft besteet och d'Méiglechkeet, sech op engem internationale Camp am International Service Team ze engagéieren.

**Aktivitéiten am Grupp**

D'RaRo huelen och un Aktivitéite vun hirem Grupp deel. Als lescht Branche kënnen si aktiv un der Organisatioun an der Duerchféierung matschaffen. Beim Gruppeweekend oder Gruppecamp besteet oft de Problem, datt d'RaRo parallel Chef an enger anerer Branche sinn. Et ass wichteg datt dës RaRo och un Aktivitéiten an hirem Clan deelhuele kënnen. De RaRo-Clan bedeelegt sech awer och un Aktiounen an Aktivitéiten an der Gemeng an an der Gemeinschaft, dëst och do, wou d'Initiativ e sozialen Aspekt huet oder dem Ëmweltschutz déngt.

**National Aktivitéiten**

D'RaRo-Ekipp offréiert de Kader fir eng oder méi national Aktivitéite fir all d'RaRo aus dem Land. Hei gëtt Wäert drop geluecht, datt d'Organisatioun an den Hänn vun de RaRo läit. Et kënnen och national RaRo Campen organiséiert ginn.

**Projeten am Ausland**

Et ginn och a reegelméissegen Ofstänn Projeten am Ausland organiséiert. Dës kënnen national oder och am Clan geplangt ginn. Si droen hiren Deel derzou bäi, de Guiden a Scouten hiert weltwäit Engagement fir d'Ziler vun der Nohaltegkeet ze erreechen an ze ënnerstëtzen. Dës Projete viséieren Themen ewéi d'gemeinschaftlech Entwécklung, de Naturschutz, d'Bildung, d'Weiderentwécklung vum Guidismus a Scoutismus an der Welt a villes méi. Bei dëse Projeten sinn d'Haaptziler, den Austausch am Camp. Dëst gëtt gemaach, fir dem RaRo d'Méiglechkeet ze ginn, iwwer seng eege Grenzen erauszewuessen, säin Horizont intellektuell a kulturell ze erweideren an him am Austausch mat Jonken aus anere Kulturen a Reliounen een erweidert Weltbild ze vermëttelen.

## Ekippesystem

E RaRo-Clan ass net a Patrullen agedeelt. Als jonken Erwuessenen a Member vum Clan ass een deem anere gläichgestallt, egal wéi al oder wéi laang ee schonn dobäi ass. De Clan ass eng Grupp, déi zesummelieft an Erfarunge genausou wéi Erliefnisser deelt.

Bei Projeten oder aneren Aktivitéite ginn d‘Chargen an d‘Verantwortunge kloer verdeelt an - wann néideg - och kleng Aarbechtsgruppe gebilt, fir esou méi konstruktiv zesummen un d‘Zil ze kommen. Dës Rolle maachen d‘RaRo awer ënnert sech aus.

De RaRo bréngt sech mat an, wann hien decidéiert Chargen unzehuelen, déi hie gutt kann a wou hien eng Expertise dran huet. Esou valoriséiert de Clan och d‘Kompetenzen aus der Léier, dem Beruff oder aneren Hobbyen. Hien traut sech awer och mol eng nei Charge auszeprobéieren, déi him villäicht net esou läit oder un déi si sech nach net eru getraut huet.

De RaRo ass bewosst, datt den Erfolleg vun engem Projet oder enger Aktivitéit dovunner ofhängeg ass, wéi gewëssenhaft si hir Chargen erfëllen. Esou solle si och keng Angscht hunn, no Rot ze froen, wann si feststellen, datt si net virukommen. Wichteg ass, datt si erkennen, datt si als Member vum Clan ee wichtegt Element sinn, an datt d‘Gelénge vun den Aktivitéiten dovun ofhänkt, datt jiddwer RaRo seng Chargë mécht a säin Deel Responsabilitéit am Clan, awer och als jonken Erwuessenen an der Gesellschaft, dréit.

## Learning by doing

Wéi den Numm et scho seet, geet et beim Learning by doing dorëms, seng eegen Erfarungen ze maachen. Et soll ee sech trauen, Neies auszeprobéieren an sech a nei Aventure stierzen. Dëst Handelen hëlt engem d‘Angscht virun dem Onbekannten an wäert een undreiwen, säi Wee weider ze goen.

Fir datt de jonke RaRo iwwer sech erauswuessen a seng eegen Erfarunge sammele kann, brauch hien ee stabillen a vertrauensvolle Kader. Dëse Kader gëtt vun de Clan-Chef verkierpert. Si wierken am „Hannergrond" ewéi eng wichteg Stäip a begleeden de RaRo a sengem Léierprozess. Dëst Vertrauen hëlleft dem RaRo sech auszeprobéieren an no verschidde Méiglechkeete ze siche fir säin Zil ze erreechen. Mir nennen dëse Prozess „kontrolléiert a geséchert Bäilafe loossen".

De RaRo léiert net nëmmen, wéi hie sech enger gefillten onméiglecher Erausfuerderung stelle kann, mee hien dréit och derzou bäi, datt hien eng gewësse Verantwortung mat sengem Handele vis-à-vis den anere RaRo dréit. Hien zéckt net, seng Matmënschen ëm Hëllef ze froen, wann en net méi weider weess. Den Austausch ënnert Sengesgläichen hëlleft dem RaRo un der Aufgab ze wuessen an sech weider ze entfalen. All dës Erfarunge sollen hien herno als eventuelle Chef begleeden, an him doriwwer eraus e wichtegen Unhaltspunkt a verschiddene Liewenssituatioune sinn.

## Participatioun

De RaRo ass am Beräich vun der Participatioun op 3 Ebenen aktiv: Matschwätzen, Matgestalten a Matbestëmmen. D'Participatioun vun all eenzele RaRo zitt sech progressiv vun deem éischte bis bei de leschte Punkt duerch. All Aktivitéit muss fir d'éischt zesumme beschwat, duerchduecht a geplangt ginn, fir schlussendlech konkret kënnen ëmgesat ze ginn. D'Participatioun am Clan aktiv liewen heescht deemno:

**Matschwätzen**
De jonke RaRo kritt an der Gemeinschaft vu sengem Clan ee Kader gebueden, an deem hie seng Iddien a Meenunge fräi äussere kann. Hie gëtt als Eenzelen a sengem Grupp eescht geholl a ka fräi matschwätzen. De RaRo gëtt a sengem Alldag och mol mat Themen a Verhalensweise konfrontéiert, déi him nach friem sinn. Ee fixéierte Kader

kann dem RaRo geziilten Denk- an Diskussiounsustéiss ginn. Hien huet d'Méiglechkeet sech lues a lues un dat Thema erunzetaaschten a sech dorop anzeloossen.

**Matgestalten**

Fir datt de RaRo säi Wee a seng Plaz am Clan fanne kann, ass et wichteg, duerch konkret Aktivitéiten ze weisen, datt jiddwereen Afloss op d'Gesellschaft huet, an datt een eppes ännere kann, wann een et probéiert. De Clan ass eng staark Gemeinschaft, déi all eenzelem RaRo soll Méiglechkeet bidden, iwwer seng Grenzen eraus ze wuessen. Mat deem Zesummenhalt an der Zesummenaarbecht vum Clan soll de RaRo erkennen, datt hien en Deel vun enger Gemeinschaft ass, déi zesummen eppes realiséiere kann.

**Matbestëmmen**

De RaRo bréngt sech duerch seng verschidden Iddien a Meenunge mat an de Gespréichsronnen an. Hie ka soen, wat hien als gutt oder manner gutt empfënnt a kann doduerch matbestëmmen. An der Gemeinschaft vum Clan geet et dorëms, all eenzele RaRo mat an d'Boot ze huelen a jiddweree mat entscheeden ze loossen. Et ka jiddwereen Aktivitéite virschloen a bekräftegen, firwat dës flott fir de Clan wieren. Duerch d'Diskussioun mam Clan ginn Entscheedunge getraff, déi vum ganze Clan gedroe ginn, egal wéi eng Konsequenzen dëst huet.

## Verspriechen

Fir de RaRo huet d'Guiden- a Scoutsverspriechen eng zousätzlech Dimensioun. Mat sengem perséinleche „Engagement" dréckt hien aus, ewéi hien, no de Grondwäerter vun eiser Beweegung, op sengem selwer bestëmmte Wee liewen a sech als aktive Bierger an d'Gesellschaft abrénge wëll.

Hie mécht sech am Virfeld intensiv Gedanken iwwer déi verschidde Beräicher, déi d'RaRo-Method him als roude Fuedem

bitt, a probéiert sech an dëse weiderzëentwéckelen. Esou kann hien d'Guiden- a Scoutswäerter, déi senger Situatioun ugepasst sinn, zu sengen eegene maachen. Dobäi schätzt an analyséiert hie sech och selwer a mécht sech bewosst, wat hie bereet ass, ze leeschten. Dobäi verflicht hie sech duerch säi Versprieche vis-à-vis vu sech selwer, säin Engagement fir de weidere Wee beschtméiglech ze erfëllen. Dobäi kann him e Chef, een anere RaRo oder eng Vertrauenspersoun aus de Guiden a Scouten zur Säit stoen.

De RaRo bestëmmt selwer, wéini hie bereet ass, dëst Engagement anzegoen a säi Versprieche bei de RaRo ofzeleeën. Hie baséiert sech op dat offiziellt LGS Verspriechen. Dobäi muss hien dëst mat engem perséinlech Deel ergänzen oder selwer en neien Text formuléieren. Hei vergësst hien net, datt e Guiden- a Scoutsverspriechen sech ëmmer op déi dräi „Duties" baséiert, a mam Guiden- a Scoutsgesetz am Aklang stoe muss.

Eng Orientatioun ass dat offiziellt Guiden- a Scoutsverspriechen nom Baden-Powell. Dat ass ëmmer baséierend op den dräi „Duties" - esou wéi och d'Versprieche vum Verband vun de Lëtzebuerger Guiden a Scouten:

**Ech verspriече**
Verantwortung vis-à-vis vu mir, menge Matmënschen a menger Ëmwelt ze iwwerhuelen, meng perséinlech Spiritualitéit weiderzëentwéckelen an nom Guiden- a Scoutsgesetz ze liewen.

D'Guiden- a Scoutsgesetz ass:

**Eng Guide / E Scout**
ass zouverlässeg
ass éierlech a fair
ass bereet ze hëllefen
ass gutt zu all Mënsch
mécht den éischte Schrëtt a setzt sech a fir Gerechtegkeet
respektéiert d'Liewen an all senge Formen

kann nolauschteren a Kritik erdroen
huet eng positiv Liewesastellung
ka sech organiséieren a mécht näischt hallef
hält sech kierperlech a geeschteg gesond

Seng Engagementsféier mécht hie viru sengem Clan, deene Leit, mat deenen hien d'Guiden- a Scoutswäerter lieft an erlieft. Esou däerf de RaRo och selwer definéieren, ob hien nieft sengem Clan nach aner Zeie bei sengem Engagement dobäi wëll hunn. Dat kënnen z.B. de Grupp, eng Chefekipp oder aner Guiden- a Scoutskolleege sinn. Säi Clan ënnerstëtzt hien duerch e Kader, deen an dësem Moment un de RaRo ugepasst ass.

Dem RaRo ass bewosst, datt hie säi Liewe laang ënnerwee ass a sech verännert. Dofir kann hie säi Guiden- a Scoutsverpriechen a säi perséinlecht Engagement no senger RaRo Zäit ëmmer erëm fir sech selwer erneieren, verdéiwen an ausbauen.

## Rewarding system

D'RaRo sinn d'Branche vum Erwuesseginn. Si sinn déi lescht Etapp op enger flotter Rees duerch d'LGS a bidden esou ganz vill Méiglechkeeten, déi vill Fäegkeeten, déi een a senger Guiden- a Scoutszäit bäigeléiert huet, unzewenden. D'Wëllkomm-Phas ass fir de RaRo wichteg, fir esou eng Iddi ze kréien, wat him eng aktiv Participatioun als RaRo a sengem Clan - national an international - alles u weidere spannenden a léierräiche Méiglechkeete bitt. D'Symbolik vum Clan, als den Zentrum vun de Méiglechkeeten, déi hien dem RaRo als jonken Erwuessenen um Wee zum aktive Bierger bitt, gi vun deene méi ale RaRo an der Branche erkläert. Dobäi steet de Clan net just fir déi lokal Unitéit, mee gläichzäiteg fir all méiglech Renconteren am Guiden- a Scoutsgeescht, an deenen de RaRo sech aktiv mat abréngt.

Och wann et bei de RaRo keng Fäegkeets-Badgen ginn, ass et awer wichteg, datt et de Jonke bewosst gemaach gëtt, wat

fir eng Progressioun si maachen. De RaRo soll sech selwer senger perséinlecher Progressioun an de verschidde Beräicher vun der Method bewosst ginn. De RaRo kritt reegelméisseg de néidegen Input a Feedback duerch de Bilan um Enn vun Aktivitéiten oder Projeten, iwwer Austausch mat deenen anere RaRo, iwwer Gespréicher mat senge Chef, oder bei nodenkleche Momenter wärend der Wuecht. Feelschléi stinn hei net fir een Echec, mee ginn als eng Opportunitéit fir Reflektioun a Verbesserung ugesinn. E gudde Rot, e Luef an och eng Feier um Enn vun engem gelongene Projet ginn dem RaRo duer, fir nei Motivatioun ze fannen.

De Rank bei de RaRo ass näischt, wat de RaRo sech aktiv kann erschaffen. Dëse muss ee sech verdéngen an ass eng speziell Form vu Wäertschätzung, déi de Clan dem RaRo entgéintbréngt.

Duerch d'Zesummesinn, -schaffen,- stoen an -erliewen, kennt de Clan sech gutt. D'RaRo léieren sech doduerch aschätzen a wëssen, wie woura staark oder schwaach ass. Unhand dovun ass et um Clan ze erkennen, wann ee RaRo iwwer säin eegene Schied spréngt an iwwer sech erauswiisst.

Dee RaRo, deen sech iwwer dat lokaalt Engagement eraus fir eng besser Welt engagéiert an deen e gréissere Projet am Ausland ugeet, kann de „Scouts of the World Award" vum Weltverband vun de Scouten (WOSM) iwwerreecht kréien. Hien trëtt domat enger weltwäiter Gemeinschaft vun „Scouts of the World" bäi, déi all gemeinsam, als internationaalt Friddensmouvement, sech aktiv fir eng besser Welt agesat hunn. Zum „Scouts of the World Award" gehéiert eng zolidd Präparatioun vum Projet. De RaRo muss sech mat der Problematik um kulturellen, gesellschaftlechen a mënschlechen Niveau ausernee gesat hunn, an sech doriwwer eraus den Implicatioune vu sengem Projet am Sënn vun den Ziler vun der nohalteger Entwécklung bewosst sinn.

Um Enn vun de RaRo, ier hien als aktive Bierger d'LGS verléisst oder als Chef weider engagéiert bleift, kritt de RaRo bei enger gréisserer Fiesta vu sengem Clan a senge Chef Äddi gesot. Iwwer

déi fënnef Branchen huet hie villes bäigeléiert. D'Fiesta ass dee Moment, sech dës flott Zäit an den LGS nach eng Kéier virun Aen ze féieren a sech esou bewosst ze ginn, wéi vill hie bei de Guiden- a Scoute geléiert huet a wéi dës Zäit hien als Mënsch positiv beaflosst huet.

## De Chef als Begleeder

Als Chef bei de RaRo gëtt et verschidden Aart a Weisen, wéi ee mat sengem Clan zesummelieft an interagéiert. Et gëtt Chef, déi sech komplett an hire Clan integréieren an all Aktivitéit mat hire RaRo deelen. Anerer hale sech méi zeréck a bleiwen am Hannergrond. Doranner ass all Clan anescht. Dobäi ass et awer wichteg, datt de Chef authentesch an éierlech vis-à-vis vu senge RaRo ass.

Am Clan ass de Chef e Virbild an eng Vertrauenspersoun, op déi sech d'RaRo zu all Moment verloossen, an där si sech uvertraue kënnen. Dëst bedeit awer och, datt de Chef Empathie weist a senge RaRo genau esou vertraut. Dëst bitt hinnen e Raum a Kader fir sech auszeprobéieren an sech weiderzëentwéckelen. De Chef muss seng RaRo deemno wäertschätzen a jiddwerengem seng Roll am Clan unerkennen a mat him diskutéiere kënnen.

E Clan besteet aus jonken Erwuessenen, déi selwer plangen an organiséieren. De Chef steet hinnen zur Säit, fir si ze ënnerstëtzen an si ze motivéieren, weiderzemaachen, wann et mol net esou gutt leeft. Och wann ee mat senge RaRo gläichgestallt ass, dréit een awer d'Verantwortung a muss d'Grenzen an deene Momenter kënne setzen, wou et ka geféierlech ginn oder d'Zesummeliewen am Clan riskéiert, auserneenzebriechen.

D'Branche vun de RaRo ass déi eenzeg an där e RaRo selwer d'Charge vum Chef iwwerhuele kann. Wann de Chef sech dëser Charge bewosst ass, an de Clan senger Leedung zoustëmmt, kann dëst eng ganz wäertvoll Erfarung fir jiddweree sinn.

## Natur an Nohaltegkeet

An der Ekipp huelen si éischt Responsabilitéite fir eng nohalteg Realisatioun vun hire Projeten, déi sech esou oft ewéi méiglech dobaussen an der Natur ofspillen. Duerch d'Organisatioun vun Aktivitéiten, déi den Ëmweltschutz an d'Ziler vun der nohalteger Entwécklung (z.B. Sustainable Development Goals) mat a Betruecht huelen, léiere si nohaltegt Denken an Handelen. Si erkennen, datt si als Jonker eng Verantwortung fir d'Zukunft hunn, an datt si hiert Handelen och ausserhalb vum Clan, konsequent upasse musse fir selwer e positiven Impakt a Richtung vun enger méi nohalteger Gesellschaft an Ëmwelt ze hunn.

## Spiritualitéit

De RaRo setzt sech mat senger eegener Spiritualitéit auserneen. Hie weess, datt dëst e wichtegen Deel vum Liewen an Erliewen ass, fir erauszefannen, wien hien ass a wou hien hi wëll. Op sengem Wee zum autonomen Erwuessenen hëlt de RaRo sech bewosst Zäit, iwwer seng Ziler a seng Astellungen a sengem Liewen nozedenken a sech mam Liewen an der Gemeinschaft ze befaassen. Hie steet zu sengen Decisiounen, senger Meenung an zu senge Gefiller. Hien hannerfreet sech awer och ëmmer erëm a passt säin Denke sengen Erfarungen a sengem Wëssen un.

De RaRo hëlt sech awer och Zäit fir sech mat de Reliounen a Philosophien ze beschäftegen an dobäi seng perséinlech Spiritualitéit ze entwéckelen. Am Austausch mat sengem Clan mécht hien d'Erfarungen, wat et fir verschidde Weeër ginn a léiert dës ze respektéieren, woubäi hie selwer probéiert, doduerch en ënneren Ausgläich ze fannen. De RaRo lieft säi perséinleche Glawe respektiv seng perséinlech Weltusiichten, déi fir hie sënnfuerderend sinn, aktiv a respektéiert dobäi och ëmmer deenen aneren hire Glawen a perséinlech Weltusiichten.

Am Alldag ass et net ëmmer einfach, sech dës Gedanken ze maachen an och Froen zum Liewen ze stellen. Dofir ginn dem

RaRo Aktivitéiten ugebueden, déi him Zäit a Motivatioun ginn, sech dorop anzeloossen. Dëst kënne ganz verschidden Aktivitéite sinn, déi ëmmer de Besoine vun de RaRo am jeeweilege Clan ugepasst sinn. Vun Diskussiounsronnen, iwwer Themen déi si beweege, bis hin zu Meditatiounen oder Gebiet, kréien d'RaRo d'Méiglechkeet, alles auszeprobéieren, a léieren esou Aktivitéiten och selwer ze organiséieren.

Eng intensiv Erfarung ass d' „Wuecht". Dës Aktivitéit bitt de Chef dem ganze Clan un, mee all RaRo mécht se fir sech eleng. Duerch verschidde Froen a Denkustéiss gëtt dem RaRo de Kader gebueden, fir sech senger Realitéit ze stellen a sech mat sech selwer auserneenzesetzen. Dobäi ass dem RaRo iwwerlooss, wéi wäit hie sech op dat proposéiert Thema aléist. Seng Gedanke kann hien duerno an engem Gespréich mat sengem Chef deelen. Hie kann dorop vertrauen, datt dëst Gespréich ënnert véier Ae bléift an zu kengem Moment bewäert gëtt.

## Internationalitéit an Diversitéit

E RaRo weess, datt d'Diversitéit net nëmme fir hien eng grouss Beräicherung ass, déi derwäert ass, kenne geléiert ze ginn, mee datt eis Gesellschaft an d'Welt insgesamt, eng besser ass, wann d'Mënschen oppen an tolerant sinn. Hie respektéiert de Wäert an d'Eenzegaartegkeet vun all eenzele Mënsch an datt et vill verschidde Kulturen a Liewensastellungen op der Welt ginn.

Bewosst sicht hien ëmmer erëm de Kontakt mat deem Neien. Duerch dës Konfrontatioun mat verschiddene Gewunnechten an Usiichten aus anere Kulturen - wéi och mat de jeeweilege Liewensastellungen - léiert de RaRo d'Ënnerscheeder kennen an akzeptéieren. Hie mierkt, datt esou lues a lues d'Barrière tëschent de Leit kënne verschwannen an dann d'Gemeinsamkeete méi wichteg ginn ewéi all Ënnerscheeder. Esou steet hien als aktive Bierger an der Gesellschaft fir Wäerter ewéi Toleranz, Fridden an Oppenheet an.

Fir de RaRo ass d'Internationalitéit an d'Diversitéit Programm. Ob bei Aktivitéiten, Projeten, internationale Campen oder am Déngscht an engem internationale Service Team, sammelt hie vill Erfarungen an nei international Frënn a vernetzt sech esou innerhalb vun der weltwäiter Guiden- a Scoutsfamill. An deem Sënn bidde sech fir de RaRo, deen am Ausland lieft, och Méiglechkeeten sech ausserhalb vu Lëtzebuerg bei de Guiden a Scoute matzemaachen an esou d'Diversitéit vum Guidismus a Scoutismus ze erliewen.

Fir dës Erfarungen ze maachen, probéiert de RaRo u vill verschiddenen Aktivitéiten am Ausland an doheem deelzehuelen, déi fir hien als Weltbierger eng Beräicherung sinn. Hie realiséiert, datt et net duergeet, sech nëmmen dem Neien an anere Länner an Europa an an der westlecher Welt ze stellen, mee datt hie sech och fir Kulturen op anere Kontinenter aloosse kann. Als aktive Weltbierger léiert hien d'Diversitéit och heiheem kennen a wäertschätzen. Hie fuerdert sech selwer ëmmer erëm eraus, andeems hie seng Ängschten a seng Grenzen iwwerwënnt a se doduerch nei definéiere kann. Esou erhält hie sech en oppene Geescht a kann seng Erfarunge mat aneren deelen.

Fir de RaRo ass d'Diversitéit an d'Internationalitéit awer net nëmmen eng Quell vun neien Erfarunge fir sech selwer, mee och eng grouss Opportunitéit fir Wäerter ewéi Toleranz an Oppenheet an den Aktivitéiten an de Projeten ze liewen a konkret ëmzesetzen. De RaRo ass sech net nëmmen de Problematiken (Ongläichheet, Aarmut, Krich, Ënnerdréckung, asw.) op eiser Welt bewosst, mee hien trëtt aktiv, iwwer seng Rechter als Bierger, sengem Behuelen a sengen Aktioune fir eng besser Welt, an, a gëtt esou zu engem aktive Weltbierger, engem „Scout of the World".

## Asaz fir d'Allgemengheet

De RaRo gesäit sech als Member vun der Gesellschaft. Dëst op lokalem, nationalem an internationalem Niveau. Hien ass sech bewosst, wéi e groussen a positiven Impakt d'Guiden a Scouten op dës Gesellschaft kënnen hunn. Duerch säi selwer gewieltent Engagement setzt hie sech Dag fir Dag aktiv dofir an, fir d'Welt ze verbesseren.

Als Chef a senger eegener oder anere Branchë kann hie Verantwortung iwwerhuelen. Esou kann hien d'Wäerter vun de Guiden a Scouten, déi hie selwer lieft, weider ginn a Jonker op hirem Wee begleeden. Duerch Formatiounen an d'Ënnerstëtzung vun erfuerene Chef, gëtt hien op seng Roll als Chef preparéiert.

Bei der Organisatioun vun Aktivitéiten a Fester oder beim Verwalte vum Gruppematerial kann hien aktiv an de Fonctionnement vu sengem Grupp mat agebonne ginn. Duerch all Chargen a sengem Grupp, déi hien unhëlt, bedeelegt de RaRo sech un den Auswierkungen, déi säi Grupp op d'Liewen a sengem Duerf oder Quartier huet.

De RaRo gesäit, wéi wichteg de fräiwëllegen Asaz als Guide oder Scout fir d'Allgemengheet ass. Dëst och z.B. a Krisesituatiounen, wou hien sech als RaRo mat abrénge kann, grad och fir déi Deeler vun der Gesellschaft, déi et net esou gutt hunn. Dës Astellung motivéiert hien, datt hie sech och ausserhalb vum Clan an anere Beräicher vun der Gesellschaft oder an der Welt ëmmer erëm engagéiert.

## Meng Notizen

## Meng Notizen

## Meng Notizen


LGS.LU